

## Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de loi
2. 5410 - Proposition de révision de l'article 51, paragraphe (7) de la Constitution (*Déclaration de recevabilité*)
3. Question urgente N°205 de Mme Lydie Err relative au projet de Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains
4. 5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005  
(*Discussion générale - suite - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Résolution et Motions - Votes*)
5. Résolution de M. François Bausch relative à l'institution d'une convention sur l'avenir du Luxembourg  
Résolution de M. Michel Wolter relative à l'institution d'une Commission spéciale chargée de mener un débat sur la structure administrative du pays  
(*Discussion générale - Votes*)
6. Motion de M. Aly Jaerling relative au carnet électoral  
(*Discussion générale - Vote*)
7. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

■ **M. le Président.**- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(*Négation*)

Dat ass net de Fall.

Deen éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass den Dépôt vun enger Proposition de loi. Här Paul-Henri Meyers, Dir hutt d'Wuert.

### 1. Dépôt d'une proposition de loi

■ **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Merci, Här President. Mir hunn am Dezember 2003 den Artikel 114 geännert an doduerch mussen och dräi aner Artikelen an der Verfassung geännert ginn an d'Renvoien op den Artikel 114 geännert ginn. Ech géif déi Proposition de loi am Numm vun der Verfassungskommissioun hei déposéieren.

- *Proposition de loi N°5414 portant révision des articles 37, alinéas 2 et 6, 51, paragraphe (3) et 107, paragraphe (4) de la Constitution*

■ **M. le Président.**- Merci, Här Meyers. Déi Proposition gëtt un déi zoustänneg Chamberkommissioun weidergereecht.

### 2. 5410 - Proposition de révision de l'article 51, paragraphe (7) de la Constitution

*Déclaration de recevabilité*

An hirer Réunioun vun haut de Moien huet d'Présidentekonferenz virgeschloen, de Révisiounsvorschlag iwwert den Artikel 51, Paragraph 7 vun der Verfassung, deen den Här Gast Gibéryen den 1. Dezember déposéiert huet, fir recevabel ze erklären.

Ass d'Chamber domadder averstannen?

(*Assentiment*)

Dann ass dat also esou décidéiert.

D'Madame Lydie Err huet de 6. Dezember eng Drénglechkeetsfro iwwert de Projet de Convention vum Europarot géint de Mënschenhandel gestallt. Ech weess net, et ass elo schwierig fir elo scho mat där

Fro do unzefänken, vu datt d'Regierung nach net present ass.

■ **Mme Lydie Err** (LSAP).- Ech hat d'Impressioun wéi wa gëschter zwëschent der Ministesch an dem Justizminister ofgemaach gi wier, de Justizminister géif mer drop äntwerten, well dee souwisou kënnt. Dee misst all Moment ënnerwee sinn.

■ **Une voix.**- Hien ass do.

■ **M. le Président.**- Ech denken, dass de Greffe der Chamber zoukomme léisst, datt d'Chamber géint hallwer dräi hir Sitzung ufänkt, mä elo, mengen ech, kéinte mir dat da maachen. Madame Err, ech géif Iech bieten Är Fro dann ze stellen.

### 3. Question urgente N°205 de Mme Lydie Err relative au projet de Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains

■ **Mme Lydie Err** (LSAP).- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn eng Fro gestallt un d'Ministesch vun der Egalitéit, mä eigentlech wieren och dräi Ministeren zoustänneg fir dorop ze äntweren, ënner anerem de Minister vun de Finanzen a vum Budget, deen haut ugeschwat ass als Justizminister, a vu dass et ëm eng international Konventioun geet, wier eigentlech och den Ausseminister iergendwéi beträff. Dofir maachen ech ganz kuerz e Résumé ëm wat et geet.

Et gëtt de Moment am Europarot eng Konventioun ausgeschafft fir de Kampf géint de Mënschenhandel ze behandelen. Et gëtt schonn aner international Konventiounen zu dësem Sujet, notament an der lescht de Protocole de Palermo, mä d'Spezialitéit vun dëser Konventioun ass eben, dass de Mënschenhandel hei soll traitéiert ginn aus der Optik vum Opfer. Dat ass nei, well bis elo ass en ëmmer nëmme behandelt ginn aus der Optik vun der Verbriechensbekämpfung.

Déi zwou mussen natierlech zesumme goen, allerdéngs war et bedauerlecherweis elo esou, dass wa Mënschenhandel festgestallt ginn

ass, da sinn déi Fraen, well meeschtens gi Frae gehandelt, ausgewise ginn, well se eventuell eppes an hire Pabeieren net an der Rei haten, an domadder war am Fong all Poursuite vum Auteur on-méiglech gemaach, well ebe keen Zeie méi do war, fir déi Saachen do virunzedriewen.

Dofir ass et ganz kloer esou, dass déi Konventioun hei e Plus ass par rapport zu deem wat mer elo hunn, awer nëmmen dann, wann dat drastoe kënnt, wat ënner anerem d'Egalitéitskommissioun aus dem Conseil de l'Europe speziell an dësem Comité de rédaction gefrot huet. Dat heescht éischstens emol d'Feststellung, dass Mënschenhandel u sech eng Violatioun vun de Mëscherechter ass, dass dat prioritäert Objektiv vun dëser Konventioun sollt den Opferschutz sinn, dass wann een Opferschutz wëllt valabel maachen, da mussen déi Opfer vun deem Mënschenhandel eng Zäit laang kënnen op där Plaz bleiwen, wou se festgeholl gi sinn, och wa se irregulär eventuell am Land sinn, fir hinnen Zäit ze loosse sech opzebauen an zu enger Décisioun ze kommen, ob oder ob se net wëllen als Zeien a gegebenensfalls an engem Prozess aussoen.

Sollte se jo soen, muss natierlech e speziellen Zeieschutzprogramm gemaach ginn, well wéi mir alleguerte wëssen ass et net par hasard, wou bis elo nach keng Affären an dësem Beräich geholl gi sinn, ganz einfach well et geféierlech ass als Opfer an esou enger Geschicht, wou international Réseau u viru Krimineller operéieren, matzemixen.

Dofir mäi Wonsch oder meng Fro un d'Lëtzebuurger Regierung. Éischstens vun e Méindeg u bis dëse Freideg soll déi Konventioun elo fäerdeg gestallt ginn: Wien, ech mengen net vun de Persounen, mä wat fir ee Ministère vertritt Lëtzebuerg an dëse Saachen a wéi steet Lëtzebuerg zu deenen Amendementen, déi ënner anerem vun deem spezielle Comité do proposéiert gi sinn, déi effektiv drop ausginn, fir virun allem den Opferschutz an dëser Konventioun ze verbessern?

■ **M. le Président.**- Merci, Madame Err. D'Wuert huet elo den Här Justizminister, den Här Luc Frieden. Här Justizminister.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Här President, ech kann der Madame Err soen, datt wann och vum Inhalt hier e puer Ministeren zoustänneg sinn, esou ass et meng Vertrieederin vum Justizministère, déi an deene Verhandlungen zu Stroossbuerg dës Woch ass. Dofir sidd Dir also op dee Richteg gefall, och wann ech als Budgetsminister de Mëtte weinst deem zweete Punkt um Ordre du jour hei sinn, esou ass et eng Vertrieederin aus mengem Ministère, déi de Lëtzebuurger Stat an deene Verhandlung vertritt.

Dat ass och normal a richteg, well et sech heibäi ëm e juristeschen Text handelt, deen am Kontext vun dem Mënschenhandel ass, an de Mënschenhandel a sengen zwee Aspekter. An déi zwee Aspekter, Dir hutt dat gesot, si wichteg, vum Affer hier gekuckt a vum Täter hier gekuckt, ginn zu Lëtzebuerg am Justizministère gemaach, woubäi ech wëll preziséieren, datt ech an där Problematik op enger Linn mat der Madame Minister vun der Egalitéit des chances total leien. Duerfir kann ech och an hirem Numm soen, datt d'Orientatiounen vun deenen Amendementen vun der Egalitéitskommissioun vun dem Europarot d'Zoustëmmung vun der Lëtzebuurger Regierung fannen.

Op deem Hauptpunkt, deen och an Ärer Fro stoung, nämlech datt de Mënschenhandel géif unerkannt ginn als eng Violatioun vun de Rechter vun der Persoun, déi Fro ass virgëschter zu Stroossbuerg diskutéiert ginn, do huet d'Lëtzebuurger Regierung sech dofir ausgeschwat a souwäit ech informéiert sinn huet sech eng Majoritéit vun de Länner och deem ralléiert, net all, mä esou datt dat och misst an där Form an där Konventioun zrëckbehale ginn.

Ech mengen, datt et richteg ass, datt een de Mënschenhandel, wat e schrecklecht Verbriechen ass, muss mat aller Vehemenz bekämpfen a sech dofir och op der Säit vum Affer Mëttele muss ginn, fir d'Affer ze schützen, dem Affer ze hëllefen an d'Affer dozou kënnen ze bréngen, datt et och an der Strofverfolgung hëllef.

Dofir erënneren ech drun, datt ech als Justizminister en Afferschutzgesetz an dësem Parlament abuecht hunn, wat leider nach net aviséiert ass vum Statsrot, an deem ënner anerem virgesinn ass, datt d'Affer kann eng Autorisation de séjour kréien, fir em ebe just ze erlaben an der Legalitéit do ze sinn an doduerch kënnen ze kooperéieren mat den Autoritéiten, mä fir sech selwer no där schrecklecher Expérience, déi d'Affer gemaach huet, och kënnen erëm als Mënsch opzebauen. Ech hoffen duerfir, datt dee Projet de loi ka gestëmmt ginn.

Dat ass iwwregens deen nämlechte Projet de loi an deem eng extra Regelung virgesi war fir den Zeieschutz, eng Regelung, déi zu viller Kritik an dësem Haus vu verschidene Säiten, och vun Ärer Fraktioun, der sozialistischer Fraktioun, gefouert huet. Doriwwer kann een diskutéieren, mä ech mengen, an dat soen och déi aner Länner an Europa, déi sech eng Zeieschutzregelung ginn hunn, datt ee kaum do derlaanscht kënnt, mä doriwwer diskutéieren mer da le moment venu, wa mer dee Projet de loi an der Chamber hunn.

Ech hoffen op d'mannst, an ech weess, datt Dir fir dee Projet de loi Iech och ausgeschwat hutt, datt mer geschwënn eng Kéier an dësem Haus zu där Diskussioun kommen.

Merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister Frieden. Mir fueren haut de Mëtteg weider mat eisen Debatten iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2005. Et sinn nach ageschriwwen als Riedner: d'Madame Lydia Mutsch fir 20 Minutten an den Här Jacques-Yves Henckes fir 15 Minutten. Dono kënnt d'Regierung zu Wuert. Ech denken, dass de Justiza Budgetsminister nach eng Kéier hei Stellung hält zu deenen Interventiounen, déi mer haten; an da komme mer zum Vote iwwert de Budget fir d'Joer 2005.

D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

### 4. 5353 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2005

*Discussion générale (suite)*

■ **Mme Lydia Mutsch** (LSAP).- Här President, Här Budgetsminister, Dir Dammen an Dir Hären, de 6. Mee 2004 gouf eng Lännerkonventioun tëschent Lëtzebuerg a Frankräich ënnerzeechent. Den Objet, an ech zitieren aus där Konventioun: «un pôle de développement et de recherche de niveau international», «construction d'un véritable pôle de compétitivité à composante transfrontalière», «développement d'activités économiques nouvelles et de nouvelles coopérations dans les secteurs de

l'enseignement supérieur, de la recherche et de la culture»; dem Här Grethen kommen déi Saache bestëmmt bekannt vir, well hien huet se deemools mat ënnerzeechent.

D'Instrument: d'Verschiebung vun de Lännergrenzen duerch en Echange vun Terrainé fir d'Urbanung vun där gréisster Friche am Süde vu Lëtzebuerg (insgesamt sollen an där Regioun 650 Hektar enger Neinotzung zougefouert ginn) u Frankräich ze erméiglechen, notament iwwert déi geplangte Liaison Micheville, d'Schafung vun enger neier Gare Belval-Usines an engem groussen Opfänparking op Lëtzebuurger Säit.

Bon, elo komme Verschiebung vu Landesgrenze relativ seele vir, also muss et sech ëm e besonnesche Projet handelen. Dat ass och de Fall. Rieds ass hei vum Projet Esch-Belval, dem, wéi déi viereg Regierung et oft betount huet, Projet phare vun der Neinotzung vun Industrieflächen am „public-private partnership“ mat iwwer 20.000 geplangten Aarbechtsplazen; engem Projet, deen de Strukturwandel vun enger ganzer Regioun mat géing alauden, duerch: eng Dezentraliséierung vu staatlechen Infrastrukture mat enger finanzieller Gesamtverengung op 10 bis 15 Joer vun insgesamt enger Milliard Euro; d'Implantatioun vun enger Universitéit fir Wëssenschaft a Fuerschung; Wunnraum fir iwwer 7.000 Mënschen; Kultur- a Fräizäitinfrastrukturen; urbanistischem Gesamtkonzept; privaten Investoren, zum Beispill d'Dexia-BIL; an dat Ganzt IVL-kompatibel an nohalteg.

D'Gesamtanzuchsgéitt zielt schonn haut 240.000 Awunner ronderëm déi zwielef Pro-Sud-Gemengen an déi 29 Gemengen am franséische Grenzgebitt. An zéng Joer wäerten et rezente Schätzungen no opgrond vun der demographescher Entwécklung an dem erwaartenen Impakt vu Belval no bei 300.000 sinn, datt sinn der vill. De wirtschaftlechen Impakt ass also net ze ënnerschätzen.

Dofir am Kader vun dëse Budgetsdebaten: Wou si mer drun? Wat steet am Budget? Sinn d'Frichen nach ëmmer eng Prioritéit vun der neier Regierung? Erënnert Der Iech, d'Gesetz vum 25. Juli 2002, de Fonds Belval gëtt geschaf fir d'Projete vum Stat um Site Belval ze realiséieren? Haut beschäftigt dësen Établissement public mat engem initiale Kapital vun 3,5 Milliounen Euro iwwer 20 Leit. Eng dynamesch Equipe, déi scho vill Opweises huet, ech hunn et schon oft hei gesot an anerer viru mir och.

An deem Zesummenhang wëilt ech nach eemol drun erënneren, dass d'Cour des Comptes och Op-schloss iwwert d'Annuitéite vun der Loi de garantie an d'Engagementen vum Fonds Belval verlaangt, déi net bei de Fonds-spéciauxen opgefouert ginn.

Dann d'Gesetz vum 15. Mee 2003, d'Rockhal gëtt elo definitiv gebaut fir eng Gesamtzomm vu ronn 29,6 Milliounen Euro an d'lescht Hürd am Budget 2005. Den 22. Juni d'nächst Joer geet se op.

An d'Loi de financement vum 12. Dezember 2003 fir maximal 85 Milliounen Euro Surfaces a Gebai-lechkeeten um Site Belval an de Besëtz vum Stat ze bréngen an an de Budgetsjoren 2004 an 2005 stinn op engem Gesamtartikel fir d'Entwécklung vun de Friché 15 respektiv 10 Milliounen Euro.

An der Maach si weiderhin d'Stabiliséierung fir déi zwee Héichiewen, d'Weiderdreiwe vum Centre national de la culture industrielle, 7,5 Milliounen am Budget 2005, d'Gare Belval-Usines, d'Statsarchiven als en Deel vum Gesamtensel, d'Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation fir maximal 84,2 Milliounen Euro, 8,28 Milliounen stinn am Budget 2005, d'Konstruktioun vun engem Gebai fir de Centre de recherche Gabriel



Lippmann fir maximal 11,3 Milliounen Euro an 2,78 stinn der elo am Budget 2005.

Dëst alles confirméiert d'Aussoen, déi am Kader vun der Regierungserklärung am Summer 2004 gemaach goufen, an ech zitieren: «La reconversion des friches industrielles restera au centre des préoccupations de l'aménagement du territoire.» Bleift ervirzesträichen, dass net nëmmen am Süden nieft Esch-Belval an Terres Rouges ënner anerem Éilereng, Déifferdeng a Rodange, mä och an anere Regiounen Industriesiten nëmmen drop waarde fir nei aménagéiert ze ginn a genotzt ze ginn, zum Beispill Dummeldeng oder och Terrainë vun de fréiere Fabriken zu Wolz.

Ëmsou méi gött drop gelauert wéi et am Süde virueet mat deem Projet, dee wéi gesot de Strukturwandel an enger Regioun begleet soll. Tatsächlech hu mer hei d'Chance ronderëm d'Ëmsetzung vun Projet Belval nei Jalonen an der Landesplanung ze setzen an en neie Wirtschaftspilier ronderëm déi zukünfteg Uni mat enger Faculté des sciences, de la technologie et de la communication opzebauen. Innovatioun a Fuerschung, dat passt an de Süden, wou elo scho Centre-de-recherchen implantéiert sinn, zum Beispill de Centre de recherche public Henri Tudor am Schlassgaart zu Esch oder de Ceps/Instead zu Déifferdeng. An eng Arcelor, déi nei Marché ronderëm héich spezialiséiert Stolprodukten erschéisst, wou och den Émgang generell mat den neien Technologien an de Gemengen an an de Schoulen enersgesch virugedriwwé gött, wou d'Spideeler Synergie mat aneren Haiser sichen, och am Beräich vun der Fuerschung, an enger Regioun wou nach ëmmer e gudden Nährbuedem war fir eng wichteg Contributioun zum Räichtum vum Land ze maachen.

### (Coups de cloche de la Présidence)

Mä grad ronderëm dës fir eist Land esou wichtig ökonomesch Zilsetzung si vill Froen ze beäntweren.

Dréit déi fir déi nächste Méint geplangte konkret Mise en route vun deene verschiddenen Aktivitéite vun der Uni Lëtzebuerg den Iwwerleeung Rechnung, fir déi méiglech an noutwenneg Schafung vun engem neie Wirtschaftspilier ze erméigleche ronderëm eng Fuerschungsunie a se virunzedeiwen? Esou eng Strategie brauche mer nämlech fir eis wirtschaftlech an technologesch Kompetitivitéit aktiv ze verbesseren.

Gëtt bei der Sich no Betriber bei Wirtschaftsmissionen am Ausland beispillsweis geziilt duerno gekuckt, wéi eng Synergie sech mat der geplangter Cité des sciences op Belval opdränge kéinten?

Hu mer net, wéi eise Fraktiounspräsident et scho rappeléiert huet, de Projet Esch-Belval grad dofir matgedroen, well hei d'Aneneegräife vu Wirtschaft, Fuerschung, Bildung a Schaffen eng nei Dynamik fir eist ganz Land schafe kann? Hu mer eis net vläicht e bësse vill virgeholl wann d'Regierung probéiert, an ech zitieren aus der Déclaration gouvernementale: «à ce que l'évolution des trois grands pôles de développement nationaux que sont le Kirchberg, le Sud-Ouest de l'agglomération de la Ville de Luxembourg et Belval-Ouest se fasse de manière complémentaire et non concurrentielle»?

Mat wéi engen Instrumenter wëllt déi nei Regierung dat fäerdeg bréngen, wa mer gesi wéi laang de Projet Kierchbier gebraucht huet, an en ass nach ëmmer net ofgeschloss, wéi aggressiv déi eenzel Siten an der Zentrumsregioun fir innovativ Betriber elo scho werben a wa mer wësse wéi schnell e Grondkonzept un d'Wackele ka kommen, wann e Ralentissement économique, Verkäiers- an Transportproblemer oder technesch Ulafschwieregkeeten a Planungsmän-

gel e Stréch duerch d'Rechnung maache kënnen?

Wier et net batter noutwendeg an a ronderëm déi eenzel Siten an de Regiounen den, wéi esou oft gesot gött haaptsächlech am Gesondheitswiesen, „utile et nécessaire“ ze definéieren an op Basis vun enger Grondstrategie no de Kritäre vun der Landesplanung eng richtig Standuertoffensiv ze starten.

Am Kontext Esch-Belval géing dat bedeuten: Wat musse mer offensiv mat der Regierung, mat der Entwécklungsgesellschaft AGORA, mat de Berufskummeren, dem Fonds Belval, allen Acteure mat de Gemenge schafen, fir dass mer nieft de Lois de la jungle och d'Lois du raisonnable et du durable kënnen gëlle loosse?

An deem Zesummenhang froen ech mech och, ob et dee richtige Message wier, fir de geplangten Tunnel vun der Liaison Micheville iwwert de Site a Richtung Frankräich an als Ubannung un d'nationale Autobunnsnetz aus Käschtegrënn eventuell a Fro ze stellen an domat ze riskéieren:

1. déi ganz Philosophie a Qualitéit vun engem regionale Modellprojet op d'Kopp ze geheien;

2. d'Fuerschungsunie Lëtzebuerg net agebett an e liewege Quartier nom Prinzip vun de kuerze Weeër ze konzipéieren an

3. déi eemoleg Chance verpasse fir grad mat der Hëllef vu gréisseren nohaltege Projeten engem nationale „modal split“ vu 25/75 mat Hëllef vun engem „modal split“ 40/60, wéi en um Site Belval virgesinn ass, méi no ze kommen an aus Feeler vun anere Projeten ze léieren.

Déiselwecht Befierchtung göllt fir d'Projete ronderëm d'Schinn - Stéchwuert Zuch an Train-Tram -, op déi scho mäi Fraktiounskolleeg Roger Negri gëschter Owend higewisen huet, wouriwwer mir am Regierungsprogramm noliese konnten, dass se «tout en réexaminant les priorités en fonction des disponibilités budgétaires» eventuell iwerschafft misste ginn. An deem Zesummenhang ass zwar d'Tat-saach, dass am Budget 2005 25 Milliounen méi fir de Service public ferroviaire virgesi sinn, éischter rassurant - dat wëll ech awer hei ganz däitlech soen -, obwuel déi nach vun der viregter Regierung ugekënnegt direkt Zuchverbindung Esch-Stad a Richtung Flughafen sech net méi an deem Budget erëmfënnt, op alle Fall bis elo net.

Wéi wäit sinn, froe mir eis och, d'Verhandlung vu Regierungssait mat eise franséischen Nopere fir d'Integratioun vum Site Esch-Belval an der Grande région ze garantéieren, fir dass déi enorm urbanistesche a landesplaneresch Efforten net duerch e Mangel un Ofsprooch op Landesplang a Fro gestallt ginn. Stéchwuert IKEA-Syndrom - mir hunn nämlech näischt geschafft, wa mir héich Qualitéit op Lëtzebuerg Sait hunn a Megastrukture wéi IKEA oder Leclerc oder Decathlon dräi Meter dernieft op franséischer Sait higetässelt kréien.

Et wier, Dir Dammen an Dir Hären, doriwwer eraus dramatesch, wann den 22. Juni 2005 eng national Rockhal géif ugoen, ouni dass den Accès en den öffentliche Transport geregelt wier an d'Visiteuren doriwwer eraus am Bulli géinge stoen. Et wier genoe esou dramatesch, wann eng Dexia hire Bau géing stoppen, well keng Planungssécherheet besteet, wat d'Ubannung un de Réseau routier ubelaangt, an et wier fatal, wann d'Grondakzeptanz vun Projet bei der Populatioun fir d'Neinotzung vun de Frichë vun Süden, déi an engem nationalen Elan geholl gouf, an an anere Regiounen vum Land als Chance fir d'wirtschaftlech a sozial Entwécklung vun Land ze gesinn ass, verluer géif goen a mer dës Chance géife laanscht goe loosse.

Compte tenu vun deene wichtege Froen, déi et hei göllt ze beäntweren, kann ech mech mengem Fraktiounskolleeg, deem leschten dee geschwat huet, nëmmen uschléissen an lech och heibannen invitéieren der Resolution, déi mer deemnächst hei wäerte presentéieren, zouzestëmmen an domat déi richtig Jalonen a Saache Landesplanung an domadder och a Saache Frichen ze setzen.

Ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

**M. le Président** - Merci, Madame Mutsch. Als leschte Riedner ass agedroen den honorabelen Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR)** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuergier Economie verschlechtert sech vu Joer zu Joer. De World Economic Forum, deen all Joer eng Etüd etabléiert iwwert déi wirtschaftlech Kompetitivitéit vun de Länner, klasséiert Lëtzebuerg fir d'Joer 2004/2005 op der 26. Plaz. Virun engem Joer ware mir nach op der 21. Plaz, a virun etleche Jore stounge mir nach am Spëtzepeleton. Et geet also mat der Kompetitivitéit vun eisem Land biergof.

Et muss ee feststellen, dass déi Länner, deenen hir Economie am kompetitivsten ass, déi Länner sinn, déi och beim PISA-Test am beschten ofschneiden. Et muss ee feststellen, dass déi Länner, déi déi gréisste Kompetitivitéit hunn, déi Länner sinn, déi eng modern Verwaltung hunn, eng modern Administratioun, wou den eGovernment eng important Roll spillt. Och do muss ee feststellen, dass Lëtzebuerg op der virlëschter Plaz läit.

Lëtzebuerg ass op der 13. Plaz, wann een déi Etüd iwwert d'Kompetitivitéit kuckt, wat d'Administratiounen ueet. Wat d'Recherche an d'Innovation selwer ueet, klasséiert de World Economic Forum eis op der 41. Plaz, well an eisem Land nëmmen eng 15 Breveten all Joers déposéiert ginn. Dat ass äusserst schwaach.

Dëst bedeit schlecht Wirtschaftsperspektive fir eise Wirtschaftswusstsein an den nächste Joren. Dëst bedeit deen Ablack och méi schlecht Konditiounen fir eise Budget a méi Chômage. Mir si wäit vun der Wëssensgesellschaft ewech. Ech wëll drun erënneren, dass ech eng Proposition de loi am Numm vu menger Partei deposéiert hunn, wou mer gesot hunn, mir missten d'Recherche ënnerstëtzen, déi privat Recherche, net nëmmen déi öffentliche Recherche, vun där ëmmer esou vill geschwat gött, an déi sech op 1% belafe soll. Mir mussen och déi privat Recherche duerch Mesuren ënnerstëtzen. Mir gesinn, dass a Frankräich esou Mesuren e ganz gudd Succès bruecht hunn. Frankräich huet mat senger Législatioun et fäerdeg bruecht, fir op der éischter Stell an Europa ze landen, an d'Regierung ass gefuerdert an deem Sënn eppes ze maachen.

Bei der Education muss ee festhalen, dass déi Resultater, déi mir vun 2003 kennen, schlecht sinn. D'Debatt iwwert d'Kompetitivitéit soll sech net limitéieren, an eisen Aen, op d'Debatt iwwert d'Steieren. Dat ass et sech ze liicht gemaach. Et ass ze liicht ze soen, d'Debatt muss gefouert ginn a mir mussen d'Steiere reduzéieren, an net iwwert déi aner Problemer ze schwätzen. Fir eis ass et wichtig, dass fir d'éischt iwwert d'Education geschwat gött, dass fir d'éischt iwwert d'Verwaltungsreform geschwat gött, iwwert d'Recherche an nei Technologien.

An et ass wichtig, dass mir eng Debatt féieren, wou mir am Stat kënnen

Sue spueren, wou mer Reduzéierung solle virhuelen. An dobai war ech frou, dass mir viru kuerzem bei der Debatt d'Méiglechkeet haten iwwert déi Reform ze schwätzen, déi bei der CFL usteet, wou och muss fir d'Joer 2007 au plus tard oder 2006 eng Reform kommen. Déi Indikatioun, déi d'Direktioun gesot huet, dass ee misst fir nei Astellungen d'Gehälter bal ëm d'Halschent bei verschiddene Berufssparte reduzéieren, weist, dass mir musse reagéieren, wa mer wëlle kompetitiv bleiwen a wa mir Privilegië mussen ofbauen. Ech mengen dat ass de richtige Wee, deen ugedeit gött. Ob et deen oder dee Prozentsaz elo ausmécht, dass ass eng aner Debatt, mä d'Richtung soll awer stëmmen.

Déi Debatt, déi den Här Rapporteur zum Budget ugesteiert huet iwwer eng Reduzéierung vun der Steuerlaascht bei de Betriber mat der gläichzäiteger Erweiderung vun der Berechnungsbasis, ass eng Debatt, déi um europäeschen Niveau gefouert gött. Et ass eng geféierlech Debatt. Dat leeft nämlech dorobber eraus, dass déi grouss Betriber d'selwecht solle besteiert gi wéi elo, mä doduerjer dass een d'Berechnungsbasis méi breet mécht, ass et natierlech esou, dass verschidden Abbattemen a Fräibeträgg ewechfalen, wat zum Détriment ass vun de Kleng- a Mëttelbetriber.

Et kann dach net sinn, dass een déi grouss Betriber, déi souwisou schonn iwwert de „fiscal and financial engineering“ kënnen sou vill Steiere bezuele wéi se wëllen, ausléisst, an dann eng Reform mécht, fir deen Ablack bei de Kleng- a Mëttelbetriber zouzegräifen an do nees méi Sue sichen ze kommen an dës Betriber manner kompetitiv ze maachen.

Et ass och falsch fir deen Ablack ze reagéieren, wann net genuch Suen do sinn, a wann een net wëll spueren a verschidden administrativ Ännerungen net wëll maachen, wann een higeet a sech, wéi de Rapporteur et virgeschloen huet, bei de private Bierger iwwer eng massiv Erhéijung vun der Grondsteuer nees zrëckzekafen. Dat ass garantéiert de falsche Wee.

Ech wëll och drun erënneren, dass nach wie vor d'Situatioun esou ass, dass vun deene sëllege Abbattementen, déi mer hunn an eiser privater Besteuerung, déi Leit mat klengem a mëttlerem Akommes iwwerhaupt näischt hunn. Si haten och näischt vun där Steuerreform, déi komm ass, a mir bleiwe bei eiser Iddi, fir all déi Abbattementen a Forfaiteen duerch e Steierkredit ze ersetzen, dee fir jiddferee gläich ass a wou och Budget neutral kënn ausgesinn. Da kann een eventuell Kompensatiounen virgesinn, dass kann ee bis zulescht, mä et géif op jiddfer Fall zu méi Steiergerechtegkeet féieren.

An deene puer Minutten, déi ech zur Verfügung hunn, war et mir net méiglech méi op d'Detailer anzegoen, mä ech wëll awer festhalen, dass de Budget 2005 vun dëser CSV-DP-Regierung keng nei Accenter bréngt, fir Lëtzebuerg a seng Wirtschaft méi kompetitiv ze maachen. Dofir kann ee beim beschte Wëllen dësem Budget net zoustëmmen.

**M. le Président** - Merci, Här Henckes. Domadder ass d'Generaldebatt ofgeschloss. D'Regierung huet elo nach d'Wuert. Den Här Budgetminister Luc Frieden hält Stellung an duerno komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Statsbudget fir d'nächst Joer.

Här Frieden, Dir hutt d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no zwou Wochen Debatten iwwert de d'Statsbudget fir d'Joer 2005 géing ech gären am Numm vun der Regierung Merci sou fir déi Debatten, déi zum Budget an zu ville Politiken, déi de Budget bedéngt, ge-

féiert hunn. Ech mengen, dass dës Debatten nützlich waren, dass dës Debatten interessant waren, an ech muss soen, dass et mech net stéiert, am Géigendeel, wann ënnerschiddlech Meenungen zum Budget gesot ginn, net nëmmen ënnerschiddlech Meenungen tëschent der parlamentarescher Opposition an der Majoritéit, mä och innerhalb vun deenen eenzelne Gruppen. Dat ass dohinner gestallt gi bei dëse Budgetsdebatten, wéi wann d'Majoritéit oder d'Regierung net géing wëssen a wéi eng Richtung se wëllt goen. Ech mengen, dass de Géigendeel de Fall ass. De Fall ass, dass et bei schwierere Sujetë gutt ass, dass een eng intensiv Debatt féiert, mat ënnerschiddleche Meenungen, an dass een dann aus deenen eraus eng majoritär Meenung sech ofschiele léisst.

Dofir, d'Regierung begréisst déi Debatten, mä et ass grad esou kloer fir d'Regierung, dass wat déi grondleeënd Ausrichtung vun der Politik betreffen, Finanzpolitik wéi och Sachgebidd, déi d'Politik bedéngt, ass d'Regierungserklärung d'guide-line no där an deenen nächste fënnef Joer Politik gemaach gött. An dofir soen ech och dem Spriecher vun der Demokratescher Partei, dee gemengt huet, dräi Méint no de Wahlen wär d'Koalitionsofkommes Schnéi vu gëschter, dass keen eenzege Saz aus deem wat am Regierungsprogramm steet an deenen éischten dräi Méint an och net duerno verlaangt, dass een en ännert, well dat ass d'Resultat vu laangen Debatten, an ech mengen och, dass déi Debatten, déi hei geféiert gi sinn, grondleeënder Natur waren, déi wichteg si fir ze kucken zu verschiddene Punkten, an ech kommen herno dorobber, ze wëssen a wéi eng Richtung ee geet.

Ech hunn dat, wéi gesot, beräichrend fonnt, dass et ënnerschiddlech Meenunge gött. Fir d'Regierung ass et kloer, dass de Regierungsprogramm esou ausgeféiert gött, wéi mir e virgeluecht hunn a senge groussen Orientatiounen, well beim Regierungsprogramm sinn ëmmer grouss Orientatiounen. Den Detail muss een an deenen eenzelne Projets de loi festleeën.

### (M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Ech géing gäre ganz kuerz, Här President, e puer Remarquen nach maachen zur Prozedur. Ech mengen, et ass déi éischte Kiéier wou mer déi nei Budgetsprozedur hatten, déi alles konzentréiert op den Hierscht vum Joer a bis eran an den Ufank vum Winter. Ech mengen, dass déi Prozedur no enger éischter Erfahrung eng gutt Prozedur ass. Ech hunn net d'Impressioun, dass de Fait, dass mer am Oktober de Budget deposéiert hunn, d'Debatte manner räich gemaach hätt, dass den Débat och ausserhalb vun dëser Chamber iwwert de Budget manner grouss gewiescht wär. Dofir, mengen ech, kënn een och d'nächst Joer mat dëser Prozedur weiderfueren.

Zweet Observatioun zum Fong. De Fraktiounspräsident vun der CSV huet drop higewisen, dass ech de Budget mat enger virsiichteger Nout kommentéiert hätt. Ech mengen, dass dat richtig ass, an esou wéi de Fraktiounspräsident vun der CSV gesot huet, entsprécht dat sécherlech mengem Charakter, mä ech muss awer och soen, dass dat mer dee richtige Wee schéngt ze si fir de Statsbudget unzegoen. Ass een nämlech net virsiichteg beim Statsbudget, da riskéiert ee ganz séier un d'Schleidenen ze kommen, et mécht ee Feeler, déi een herno nëmme ganz schwierig redresséiert kritt. An et ass dofir wou ech oft an der Vergaangenheet op der Brems vun der Dépensésait stounge, wou ech op der Sait war vun deenen, déi plädéiert hu fir Suen op d'Sait ze leeën, Reserven unzeleeën, wat dozou geféiert huet, dass mer haut gesond Staatsfinanzen hunn, an dofir, mengen ech, ass déi Virsiicht noutwendeg an ech plädéieren dofir, dass



mir déi Virsiicht och an deenen nächste Joren halen, ëmsou méi wou d'wirtschaftlech Situatioun awer nach ëmmerhin eng onsécher bleift. Virsiichteg sinn heescht net pessimistesesch sinn, an dofir verbannen ech meng Virsiicht mat engem Optimismus.

Déi Chifferen, déi mer iwwert d'ekonomesch Croissance matgedeelt kréien, weisen an eng gutt Richtung. Ob dat sech an der Realitéit esou duerstelt, dat kënne mer eréischt herno gesinn, mä ech mengen, deen Optimismus soll eis Courage gi fir eng ganz Rei Politikberäicher ze begoen, eis dozou ermontere Reformen ze maachen, déi eis konkurrenzfäeg maachen; an dat ass och e Punkt, deen a villen Interventiounen hei ugeschnidd ginn ass, an ech mengen d'Konkurrenzfäegkeet vun eiser Ekonomie ass eng wichteg, ouni dobäi dat wichteg Zesummespill mat enger responsabler Sozialpolitik ze verbannen. Et ass dat dee Balancenakt, dee mer versiche wäerten an der Finanz- an an der Wirtschaftspolitik an deenen nächste Joren ze goen, wëssend datt et Onstabilitéit an der Welt gëtt, wëssend datt et och Facteurs gëtt wéi de Pétrolspräis, déi an enger schwankender Situatioun sinn, an dofir mengen ech ass trotz besserer Wirtschaftsdaten eng grouss Virsiicht gebueden.

Mir hunn an dësen Debatten d'Dépenses an d'Recettë gekuckt. Ech wëll hei nach eng kéier soen, datt ech op der Recettësäit eng Rei Problemer énoncéiert hunn, notament am Beräich vun der Kierperschaftssteier. Fir d'Regierung ass et kloer, an ech wëll dat och hei nach eng kéier bekräftegen, datt et keng Marge gëtt fir eng gréisser Steuerreform an dëser Legislaturperiode ze maachen, weder fir d'Beträiber nach fir privat Persounen. Och do spillt d'Regierungserklärung a mir wäerten dofir eis un dat halen. Et gëtt also keng Steuerreform gréisserer Natur. Et gëtt Adaptatiounen do wou et noutwendeg ass, fir d'Konkurrenzfäegkeet par rapport zum Ausland ze halen, notament bei der Betriebsbesteuerung, mä grouss Spréng wäerten do keng kënne gemaach ginn, well mer och eng ganz Rei Dépenses ze tätigen hunn.

An dat bréngt mech zu den Dépenses an deenen dach awer kontradiktoreschen, wann och verständlechen Aussoen, déi beim Budget gemaach ginn. Wann een nämlech Reflexiounen zu verschiddeenen Dépensékategorien mécht, da gëtt direkt gesot, ulala, un deen dote Sujet dierf een awer net goen. Wann ee seet, datt mer müssen eng Diskussioun féieren iwwert d'sozial Ausgaben, oder iwwert de Sozialbudget, da liese Verschiddeener doranner direkt, gewollt oder ongewollt, datt een en Ofbau vum Sozialstat géing maachen.

An ech preziséieren dofir nach eng kéier, datt wann ech gären eng Reflexioun iwwert de Sozialbudget hätt, a wann ech gesot hunn, de Sozialbudget huet 44% vun de Gesamtausgabe vum Stat, dann ass net fir doraus ze liesen, wéi ech nach de Moien an engem Artikel gelies hunn, datt dat géing heeschen, elo wär dat domadder eriwier.

Wat ech domadder wëll soen, dat heescht ganz kloer, datt wa mer näischt maachen an déi Dépenses all Joer, ewéi dëst Joer, ëm 7% am Budget klammen, da kréie mer dat à la longue guer net méi finanzéiert, respektiv, an dat war deen zweete wichtige Punkt, deen total an der Debatt iwwerhéiert ginn ass, wann ech gesot hunn, mir kënnen eise Sozialbudget als solchen halen, da muss een awer nach iwwert den Inhalt vun deem Sozialbudget kënnen diskutéieren, an ech si fundamental dovun iwwerzeegt; a wann een d'Chiffere kuckt vun deene leschte Joren, da gesäit een, datt zum Beispill d'Gesondheitsausgabe massiv an deene leschte Jore geklomme sinn, an déi wäerten och an deenen nächste Jore

klammen. Also muss ee kucken, wéi kënne mer déi Gesondheitsausgabe finanzéieren, wa mer zum Beispill deeselwechte Sozialbudget halen. Wann een dat wëllt maachen, da kann een aner Saachen net maachen. An dofir soen ech, och innerhalb vun engem Sozialbudget, dee wichteg ass fir dës Regierung, fir dës Majoritéit, muss ee kënnen iwwer all seng Elementer diskutéieren, an dofir, hunn ech gesot, muss een och kënnen e Käschtepunkt stabiliséieren.

Ech bleiwen nach wie vor erstaunt, datt wann ech an d'Apdikt ginn, wéi ech dëser Deeg gemaach hunn, fir e Medikament ze kafe fir Zännwéi bei mengem Jong, dee gefall ass, do hunn ech do missen 0,67 Cent bezuelen. Wann ech soen iwwert d'Eegebedeelegung, heescht dat net, datt d'Regierung plädéiert, datt elo all Mënsch onofhängeg vu sengem Revenu enorm vill muss bezuelen, mä mir müssen iwwert de Käschtepunkt vu verschiddeene Saache kënnen diskutéieren, net nëmmen am Sozialberäich.

Ech hunn dat och gesot bei den Déngschtleeschunge vum Stat. Do hunn ech awer hei an der Debatt héieren, datt quasi nëmmen iwwert den öffentliche Transport geschwat gëtt. Ech mengen, bei all Déngschtleeschunge vum Stat musse mer bereet sinn iwwer Saachen ze diskutéieren, well soss hunn d'Budgetsdebatte kee Sënn a soss kréie mer de Budget an Zukunft net an Equilibre. Ech maache just drop opmierksam, an ech soen dat och de Kolleegen aus der Majoritéit, déi gesot hu mir duerfe kee Sozialofbau maachen, net manner Investitiounen, keng Käschtendeckung, mir musse méi ausgi fir d'Uni an d'Fuerschung. Ech zitieren do nëmme stellvertretend den Här Fayot. Da soen ech just, wann ee gäre gesond Statsfinanzen erhält an et wëll ee weder mam Sozialbudget erofgoen, nach mam Investitiounsbudget, et wëll ee méi Suen hu fir d'Uni an d'Fuerschung a fir vill aner Saachen, da geet dat op eemol net méi op an da seet d'Madame Mutsch nach hei mat Recht de Mëtteg, mir müssen och esou grouss Projekte wéi d'Frichë maachen; da soen ech einfach, dat geet net op, an dofir brauche mer deen Débat.

Mäin Zil ass et, d'Zil vun der Regierung ass et, d'Gesondheet vun de Statsfinanzen ze halen. Dofir soen ech, op der Recettësäit kënne mer keng Ännerung vun der Steuerpolitik maachen, sauf Adaptatiounen fir d'Konkurrenzfäegkeet. Op der Dépensëssäit hätt ech gären, datt mer de Wuesstem vun alle Kategorie vun Dépensë kontrolléieren. De Wuesstem kontrolléieren heescht, évitéieren datt verschidde Kategorien explodéieren. Dat heescht net Sozialofbau maachen, dat heescht iwwert d'Sozialdépenden diskutéieren. Dat heescht den Investitiounsbudget héichhalen, mä dat heescht och iwwert den Investitiounsbudget diskutéieren.

Eisen Investitiounsbudget ass héich. Dofir hu mer déi Moossnamen diskutéiert, fir ze kucken, datt mer déi Dépensë besser am Grëff hunn, mä mir brauchen och Margé bei den Dépenses, fir nei Politikberäicher ze bedéngen. An ech mengen, datt déi Iddi net genuch an dëser Debatt zur Diskussioun komm ass. Wou huele mer déi Suen hier, déi mer brauche fir nei Politikberäicher ze bedéngen, an ech hat der an der Budgetsried eng Rei opgezielt. Den Émweltberäich, den Transportberäich, den ausserschoulesche Beräich, de Beräich vun der internationaler Sécherheet a Stabilitéit. Dofir brauche mer Suen, grad esou wéi fir Beräicher, déi am Fong am Budget nach guer net richtig stinn an op déi de Mëtteg och nach eng kéier hei an och gëschter agaange ginn ass, wéi déi vun de Frichen zu Esch. Och do muss d'Diskussioun net einfach sinn. Maache mer déi Frichen oder maache mer déi Frichen net? Mä d'Reflexioun muss

erlaabt sinn, ob een en Tunnel baut vun dräi Kilometer, deen 267 Milliounen Euro kascht. Et ass also net eng Diskussioun, mécht een d'Frichen oder mécht ee se net, wann ee seet, dräi Kilometer kaschten 267 Milliounen Euro. Rechent Iech dat emol ëm a Lëtzebuerger Frangen, fir déi, déi net an Euroen esou grouss Chiffere sech kënne virstellen. Da muss déi Diskussioun erlaabt sinn, grad esou kloer wéi ech soen, opgrond vun där Fro, déi virdrun hei gestallt ginn ass, d'Regierung ass fir dee Projet vun de Frichen a wëllt dee prioritär a mat ganzem Engagement weider begoen.

Mä e Präis vun esou vill fir dräi Kilometer verglach mat enger Saarstrooss, déi vill méi breet, vill méi laang ass an nëmmen e bësse méi kascht huet, muss ee kënnen eng Diskussioun féieren, oder et seet een, et ass eis egal wou eng ganz Rei vun deene Projeten, déi zum Beispill op de Frichë gemaach ginn, net an dësem Budget sinn, well déi iwwer e Fong virfinanzéiert ginn, formell, well déi jo och iwwert déi nächst Jore sech erstrecken an dofir an zukünftege Budgeten och nach en Nidderschlag wäerte fannen.

Mir hätte gären, datt mer déi Projekte kënne maachen, datt mer déi rasonnabel kënne maachen, an dofir mengen ech och net, datt mer kënnen op d'Recetten, notament vum Bensin, verzichten.

Ech mengen, datt et eng onrealistesch Finanzpolitik ass, déi notament vun deene Gréngen hei erëm eng kéier presentéiert ginn ass, ouni awer ze soe wéi ee sech esou en Zeenario géing virstellen, aus engem Element vu Recettë géing erausklammen, deen, hunn ech schonn hei eng kéier gesot, zur ökologescher Besserstellung vun Europa näischt géing bäidroen, mä wou mer konform zu europäesche Leitlinie Produkter besteieren op deenen hir Recettë mer ugewise sinn. An dofir mengen ech, datt wann ee Politik mécht, wann ee wëllt Regierungspolitik maachen, da muss een och responsabel a realistesch Aussoe maachen. Ech hunn déi am Kontext vun den Tankstellen net héieren an ech mengen, datt mer och weider dee Krunn net sollen zoudréien.

#### (M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wat aner Aussoen ubelaangt esou ginn ech, fir Är Nerven ze schounen, net op déi ganz an. Ech géing awer mengen, datt vill vun deene Saachen, déi hei gesot gi sinn, an Zukunft an deenen nächste Wochen nach hei eng kéier en détail missten diskutéiert ginn.

Ech wëll just opgrond vun enger Ausso gëschter vun dem Fraktionspresident vun der Demokratescher Partei, dem Här Grethen, soen, datt en de Stabilitéitspakt net richtig gelies huet, well den Här Grethen gesot huet am Stabilitéitspakt stéing, datt d'Regierung dovun géing ausgoen, datt d'Gehälter beim Stat an där nächster Periode vum Stabilitéitspakt ëm 0,5% klammen. Am Stabilitéitspakt gëtt et eng sou genannten - an dat weess den Här Grethen ganz gutt, well den Här Grethen war jo schlussendlech déi lescht fénnef Joer Wirtschaftsminister, huet also mat de Stabilitéitspakt gemaach - Analyse de sensibilité. Dat heescht, et muss ee verschidden Hypothesen asetzen, fir ze kucke wéi évoluéiert d'Masse salariale, fir ze kucke wéi sinn dann eis Kritären ënnert dem Stabilitéitsprogramm.

A vu datt mer keen Accord salarial vum nächste Joer hunn, a vu datt déi Leit, déi de Stabilitéitspro-

gramm schreiwen, natierlech net kënne wësse wéi Verhandlungen ausginn, déi emol nach net ugefaangen hunn, ass et normal datt se einfach e Kritär huelen, dee sech op d'Vergangenheet baséiert, respektiv op Kollektivvertrag, déi zu gläicher Zäit an anere Secteuren ofgeschloss gi sinn an einfach en Erfahrungswäert agesat hunn. A wann een also den Text genau liest, da steet do datt dat eng Hypothese ass, déi just gebraucht gëtt fir eng Analyse de sensibilité ze maachen.

Ech mengen, dofir brauch ee sech also doriwwer keng Froen ze stellen. Dat ass e reng theoretesche Wäert, also d'Diskussiounen, déi emol nach net ugefaangen hunn, et weder kann an déi eng nach an déi aner Richtung Hypothese goen. Iwwregens hunn ech nogekuckt, datt mer an deene Stabilitéitsprogramm virdrun eng ähnlech Hypothèse de travail gemaach hunn, all kéiers da wann et nach keen Accord salarial ginn ass an dat schéngt mer och ganz normal ze sinn. Dofir hu mer iwwregens och, Här Grethen...

**M. Henri Grethen (DP).**- An der Regierung virdrun hate mer awer ëmmer Accords salariaux.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Neen, awer net am Ufank wéi mer deen éischte Stabilitéitsprogramm gemaach hunn. Dofir musst Der dee vum Ufank vun Ärer Amtszäit an der Regierung nokucken.

**M. Henri Grethen (DP).**- Deen hat Dir nach eleng gemaach, mengen ech.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Ech hunn der vill eleng gemaach, mä Dir hutt se ëmmer approuvéiert.

#### (Hilarité)

Ech well dofir soen, datt dat also, esou wéi all déi aner Hypothesen, déi op darselwechter Säit am Stabilitéitsprogramm stinn - deen ee kann un Internetsite noliessen -, Hypothese sinn, déi fir eng Analyse de sensibilité gemaach ginn. Ech wollt dat just hei preziséieren, fir dat kloer ze stellen.

Grundsätzlech, an ech mengen och dat ass net a Fro gestallt gi vun deenen eenzelne Riedner, sinn eis Statsfinanze gesond. Ech hunn hei d'Situatioun vun eiser Statsschold rappeliert, 1,5% vum PIB. Dat ass dach awer remarquabel. Ech sinn iwwregens erstaunt, datt doriwwer ganz wéineg heibanne geschwat ginn ass.

An Europa liese mer d'Zeitung a mir schwätzen dauerend iwwert den Defizit vun deenen anere Länner par rapport zu dem Stabilitéitsprogramm a mer schwätzen ze wéineg, vläicht och am Ausland, iwwert de Kritär vun der Schold.

Heibanne fanne während zwou Woche Budgetsdebatte statt, a mat Ausnahm vun dem Här Grethen, deen, awer aus anere Grënn, dann an de Stabilitéitsprogramm kucke war - mä ech deelen eng Rei vu senge generellen Observatiounen -, ass iwwert déi europäesch Budgetpolitik, iwwert de Stabilitéitsprogramm wéineg geschwat ginn. Héchstwahrscheinlech ass dat, well mir och mat dësem Budget de Stabilitéitspakt respektéieren a mir wäerten och an Zukunft dee Stabilitéitspakt respektéieren. Mir wäerte keng Budgetpolitik zouloossen, déi de Stabilitéitspakt an Europa net respektéiert. Dat maache mer net weinst Europa, dat maache mer och weinst eis selwer, well mer der Meinung sinn, datt wann een elo géing Dépenses ze vill maachen, datt een herno muss d'Steier erhéijen, an do ass d'Regierung dergéint.

An da soen ech nach eng kéier e Wuert iwwer eis Reserven. Et sinn zwee Elementer, Defizit a Statsschold engersäits, d'Reserven anerersäits, déi zur Gesondheet vun de Statsfinanze féieren.

Ech hunn de Budgetsrapport vun Ärer Chamber vum leschte Joer gekuckt, an am Budgetsrapport vun Ärer Chamber vum leschte Joer gesäit een en Tableau, deen d'Statsreserv - dat ass d'Réserve budgétaire, déi Gesamtzomm vun den Avoiren - um Enn vum Joer duerstelt. Dat ass an Ärem Rapport, an ech soen dat besonnesch fir de Fraktionspresident vun der ADR, déi an de Chifferen hei gesot huet, virun de Wahlen an no de Wahlen wär eppes aneschtens gesot ginn. Dofir hunn ech mir geduecht: Da kuckst de mol de Rapport vun der Chamber vum leschte Joer. An do stoung, datt mir eng Reserv Enn 2004 deemools gemengt hunn ze hunn vun enger Milliard a 657 Milliounen; 1,6 Milliarden Euro also. Elo menge mir, datt mir Enn dëses Joers, souwäit een dat am November gesäit, wäerte fir Enn des Joers eng Reserv hu vun 1,9 Milliarden Euro.

Dat heescht, virun de Wahlen hu mir gesot, mir wäerten d'nächst Joer 1,6 Milliarden hunn. Elo stelle mer fest, datt et Enn des Joers 1,9 Milliarde sinn. Mir hunn also virun de Wahlen net gesot, et geet gutt an elo geet et schlecht, mä virun de Wahlen hu mer d'Wourecht gesot - 1,6 Milliarden -; an elo geet et eis besser, tant mieux, soen ech, mä mir sinn also net...

#### (Interruption)

Déi Suen hu mer méi an de Reserven, aus enger Rei vu Facteurs, héchstwahrscheinlech well man-

#### (Interruption)

Ech äntworten hei just op d'Fro, op d'Ausso vun der ADR, déi gesot huet: „Kuck, virun de Wahlen, do hu se gesot, alles genial, an no de Wahle si keng Suen do.“

De Géigendeel ass de Fall! Déi Tableaun do, wéi gesot, stinn an Ärem Budgetsrapport vum leschte Joer an am Budgetsrapport vun dësem Joer. Vergläicht Är hausinternen Dokumenter! Et muss een och ëmmer kucken, wat uganks des Joers an Enn des Joers an de Fongen ass.

Dat gesot, Här President, hunn ech déi Budgetsdebatte wéi gesot interessant fonnt. Mir dierfen och net vergessen, wat an dëse Budgetsdebatte gesot ginn ass, fir an deenen nächste Wochen eng Rei vun anere Sachgebiddern an der Politik ze begoen. Mir hätte gären, datt och an Zukunft de Budget d'Croissance, de Wuesstem an d'Aarbechtsplaz stimuléiert. Mir hätte gären e Budget, deen zur sozialer Gerechtegkeet bäidréit an de Sozialstat op engem staarken Niveau hält. Mir hätte gären, datt de Budget och an Zukunft kann d'Grondaufgabe vum Stat assuréieren. A mir hätte gären e Budget, deen et erméiglecht de Stat zu engem moderner Stat ginn ze loossen, an deem och eng ganz Rei nei Technologien hir Plaz musse fannen.

Duerfir brauche mir Suen. Mir ginn awer net méi Suen aus, wéi mer dat kënne maachen, andeem mir eis och weider un déi objektiv a gutt Kritäre vum europäesche Stabilitéitsprogramm wäerten halen an andeem mer dofir suerge wäerten, datt d'Statsfinanze gesond bleiwen.

An deem Sënn hoffen ech, datt d'Fraktiounen hei am Haus dësem Budget wäerten hir Zoustëmmung ginn. Wa se dat net maachen, dann ass dat héchstwahrscheinlech aus parteipoliteschen Iwwerleungen...

#### (Interruptions)

..., well et an all de Parlamenten vun der Welt esou ass, datt d'Oppositioun géint de Budget stëmmt an d'Majoritéit fir de Budget stëmmt. Duerfir mengen ech ass et wichteg, wat jiddereen als Alternativ op den Dësch geluecht huet. An ech begrëissen, datt de Fraktionschef vun der DP gesot huet, am Fong wär dee Budget an der Kontinuitéit. Duerfir géing ech mengen, datt och d'DP am Fong



sech op d'mannst bei dësem Budget misst enthalten.

Op d'mannst all deenen, déi zu dësem Budget hir Meenung gesot hunn, deene soen ech am Numm vun der Regierung Merci. Ech hoffen, datt mer déi Débaten hei och an Zukunft kënnen an esou engem konstruktive Geescht féieren, wéi dat bei dëse Budgetsdebatten de Fall war.

Ech soe Merci.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Minister Frieden. Ech hunn elo nach dräi Wuertmeldungen. Ech géif der Rei no fueren, esou wéi ech se erakritt hunn. Fir d'éischt huet den Här Innenminister gefrot fir d'Wuert hei kënnen ze ergräifen. Ech denken, dass mer dat sollte maachen.

Här Minister Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass ech e puer Wieder kann am Kader vun dëse Budgetdiskussiounen soen, well wierklech jo de Rapporteur d'Gemegefinanzen thematiséiert hat. Ech hat d'Chance gëschter Mëtteg, och wann ech net hei war, deene ganzen Débaten nozelauschteren, déi hei geféiert si gi vum Här Gira notament, vum Här Klein a vum Här Schank. Do si verschidde Saache gesot ginn, an ech wollt e puer Remarquen dozou maachen. Ech fannen, et ass och wichteg, dass ech déi maachen, émsou méi herno d'Chamber sech jo eng Resolutioun gemaach huet, fir sech eng Kommissioun ze maachen, eng Spezialkommissioun, déi am Beräich justement vun der Gemeng vu muer a vun de Gemegefinanze soll schaffen. Eng gutt Initiativ, fannen ech, well ech, wéi ech fir d'lescht, wou ech op deem Pult hei stoung, gesot hu bei der Fusioon vu Baastenduerf a Furen, dass Urgence ass an dass mir missten an dësem Beräich weiderkommen. Dat hunn ech och gëschter verstanen aus all deenen Aussoen, déi hei gemaach si gi vun deenen eenzelne Riedner, déi iwwert d'Gemegefinanze geschwat hunn.

Ech wollt och kuerz op dës Aussoen agoen. Ech fänken u mam Här Schank. Den Här Schank huet gemengt, et misst ee Parellelismus komme mat der Landesplanung a mat deenen Diskussiounen an deene Regionalpläng, déi musse gemaach ginn. Dat ass richteg, och bei deem Plang am Süden an deem am Westen, do musse mer elo kucken, wéi déi Diskussiounen geféiert ginn, fir och do deen néidege Parellelismus ze kréien, dass mer do - Wéi géif ech soen? - an enger Logik bleiwen, an enger Kohärenz bleiwen, déi eis erlaabt dat eent an dat anert weiderzedriewen.

Hien huet och dem Här Mosar seng Iddi vun de Regionalfonge begréisst. Ech begréisste se och. Den Här Mosar hat eis jo déi dräi Propositione gemaach, déi dräi Alternativen, wéi een an Zukunft d'Gemegefinanzen kéint steieren. Ech wëll mech haut och net fir eng ausschwätzen. Ech fannen, dat solle mir an der Diskussioun an deenen nächste Méint maachen. Awer et ass wichteg esou ee Paabeier ze hunn, op deem een da verschidden Hypothese kann opbauen. Datselwecht göllt och fir de Syvicol, iwwert deen den Här Klein jo als President och gëschter hei d'Wuert geholl huet. Et ass och e wichtegt Dokument fir ze kucken, wéi mir d'Diskussiounen féieren.

Il y a du pour et du contre; op den Impôt ICC, den Impôt commercial communal, kann een aus där enger Richtung kucken an aus där anerer. Fir eis Diskussiounen haut elo ze féieren, dat schéngt mer net gutt ze sinn. Mä ech wollt awer soen, dass déi Remarque, déi den Här Schank gemaach huet, dass

dat Ganzt an engem Geescht muss kommen, wou de „bottom up“ an den „top down“ sech begéinen, dat ass eppes, wat ech mat zwou Hänn ënnerschreiwen, an dat läit och am Sënn vun deem, wat am Fong geholl am IVL geschriwwen ass. Den IVL, deen eis jo de Wee setzt fir déi nächst Zäit, wat d'Gemegefinanzen an déi modern Gemengen ugeet.

Do wollt ech mer erlaben haut dat aus dem IVL hei virzeliesen, well dat setzt de Kader vun där Diskussioun, déi gëschter geféiert ginn ass. Do steet dran: „Um seinen Einwohnern die heute überall gewünschten Leistungen erbringen zu können, muss eine Gemeinde unter anderem über die notwendige kritische Masse verfügen, welche nach Untersuchung des Innenministeriums bei einer Einwohnerzahl von 3.000 liegt.“ Dat ass richteg, dat ass och gëscht gesot ginn, an dorops soll een och iwwerleeën. Da steet hannendrun: „Dieser sollte freiwillige Gemeindefusionen fördern“ - de Stat - „um in den Gemeinden eine gewisse Basisinfrastruktur sichern zu können. Ergänzend dazu soll ein zusätzliches Angebot an Dienstleistungen und Infrastrukturen über die Planungssyndikate, die das Landesplanungsgesetz von 1999 für die einzelnen Planungsregionen vorsieht, gesichert werden.“ Ech mengen, dat ass de Kader vun deenen Diskussiounen, déi Dir herno wäert féieren, an déi och hei geféiert si ginn.

Ech wollt och nach kuerz op dat agoen, wat den Här Klein gëscht gesot huet, well en eng Remarque gemaach huet, déi mer net gefall huet. Hien huet gesot, et wär keng Transparenz an de Subsiden. Dat ass richteg, a verschiddene Punkten ass et net ëmmer evident. En hat do als Beispill d'Schoule ginn. A grad d'Schoulen, mengen ech, sinn ee Beräich, wou eng immens Transparenz ass, wat d'Subsiden ugeet. Do kënnen d'Gemengen, wa se Primärschoule bauen, op e Maximum vun 275.000 Euro zrëckbezuelt ginn, mat enger Fourchette zwëschent 25 a 65%, a wann et eng regional Schoul ass 75%. Wann et e Précoce ass, dann ass de Plaffong bei 400.000 zu 50%, a wann et Spillschoule sinn, Préscolaire, dann ass de Plaffong 325.000 Euro pro Sall zwëschent 25 a 65%. Domat wollt ech just soen, dass am Fong geholl dat, wat hei gesot ginn ass, net onbedéngt richteg ass.

(*Brouhaha*)

Ech wollt dat eben hei kloer soen, dass bei de Subsiden a sech awer eng gewëssen Transparenz do ass. Et geet mir drëm, fir dat haut an hei ze soen.

(*Interruptions diverses*)

Nach zwee Wieder. Ech kann och net d'accord sinn, dass gemengt ginn ass hei vum Här Gira, d'Subside géifen no Parteikaarte verdeelt ginn an der Majoritéit. Dat ass net richteg. Ech sinn der Meenung, mir sollte sachlech bleiwen an, esou wéi den Här Grethen gëschter zum Schluss a senger Diskussioun hei gesot huet, en éierlechen Débat féieren am Geescht vun der Solidaritéit.

Dat ass dat, wat ech eis wënschen, an dat waren déi puer Wieder, déi ech hei uewe wollt soen am Sënn...

(*Interruptions*)

Dat ass vum Här Grethen senger Interventioun. Ech wollt dat als Schluss hei soen. Ech fannen, et war eng flott, eng konstruktiv Diskussioun heibannen, an ech wënsche mir déi och an deenen nächste Méint, wat d'Gemegefinanzen ugeet.

Ech soen lech Merci.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Dann huet den Här Gibéryen d'Wuert gefrot.

■ **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Den Här Budgetminister huet haut versicht déi

Chifferen, déi ech am Laf vun dëser Debatt gesot hunn, wat d'Fongen ubelaangt, fir heihinner ze kommen an ze mengen an ze soen: Dat wär net esou richteg, wéi ech dat hei presentéiert hunn.

Dat wat ech gesot hunn, dat ass en Dokument, wat mer de 15. November an der Finanzkommissioun vum Här Luc Frieden selwer kritt hunn, an dat Dokument hänkt och um Rapport vun där Sitzung vum 15. November hannendrun. Et ass en Dokument, wat sech ëm d'Fonds spéciaux handelt, an et sinn och déi, déi ech gëschter oder virgëschter hei genannt hunn, wou mer am Plan pluriannuel vun 2003 op 2007, deen hu mir d'lescht Joer zu dëser Zäit, also virun de Wahlen, virgeluecht kritt a mir hunn elo bei dësem Budget de Plan plurianuel vun 2004-2008 virgeluecht kritt, an et sinn déi Chifferen, déi ech hei genannt hunn.

Do stinn dëst Joer a sämtleche Fonds spéciaux zesumme fir 2004 1.262 Milliounen Euro dran. D'lescht Joer stoung an deemselwechte Plan pluriannuel fir 2004 1.637 Milliounen Euro dran, also bal 400 Milliounen Euro si manner dëst Joer an de Fonge wéi mir dat d'lescht Joer an der Tabell kritt hunn. Hei ass déi Tabell, Här Minister, Dir hutt eis se selwer ausgeleent.

Fir 2005 waren d'lescht Joer an de Fongen 1.108 Milliounen virgesinn. Dëst Joer gëtt gesot, 2005 hätte mer dach 781. Fir 2006, dat ass d'lescht Joer gesot ginn, hätte mer 704 Milliounen dran. Elo gëtt gesot, mer hätte 425 Milliounen dran. Fir 2007 ass d'lescht Joer gesot ginn, mir hätte 410 Milliounen. Elo gëtt gesot 94. 2008 war d'lescht Joer nach net dobäi, do si mer elo dëst Joer an engem Minus vun 195,6 Milliounen Euro, virausgesat datt mer all Joers 200 Milliounen Euro Emprunt ophuelen. Dat sinn also Chifferen, déi mer d'lescht Joer, also virun de Wahlen, an elo no de Wahle vum Finanzminister kruten. Et si keng aner, déi ech genannt hunn.

Ech hunn och den Dënschdeg hei nach eng Kéier d'Fro gestallt, wat d'Dotatioun vun deene Fongen ubelaangt, well mer eben d'Fongen dëst Joer mat 224 Milliounen speisen, an 2007 steet do, géife mer se mat 462 Milliounen speisen; also eng Verdueblung, wou ech och d'Fro gestallt hunn, opgrond vu wat fir enge Faiten datt d'Regierung mengt, datt se d'Speise vun dem Budget an d'Fongen an engem Zäitraum vun dräi Joer kéint verduebelen. Well och do gesäit een, wann een et mam Plan pluriannuel 2003-2007 vergläicht, datt dëst Joer manner gespeist gëtt, wéi mer dat d'lescht Joer gesot kritt hunn.

D'lescht Joer ass gesot ginn, et géifen 274 Milliounen Euro 2004 an d'Fonge goen, dëst Joer schwätze mer vun 224. Fir 2005 ass d'lescht Joer gesot ginn 373 Milliounen. Dëst Joer schwätze mer vun 242 Milliounen. Fir 2006 ass d'lescht Joer gesot gi 460 Milliounen. Dëst Joer schwätze mer vun 378 Milliounen. A fir 2007 ass d'lescht Joer gesot gi 507 Milliounen a mir schwätzen elo vu 462 Milliounen. Also sinn dat kloer Chifferen, déi weisen, datt an de Fongen net esou vill dëst Joer ass wéi d'lescht Joer gesot ginn ass, an déi och weisen, datt an deenen nächste Joren net esou gespeist gëtt wéi d'lescht Joer gesot ginn ass. Duerfir ass och déi Fro berechtigt, opgrond vu wat fir enge Fakten datt d'Regierung wëllt d'Speisen an engem Zäitraum vun dräi Joer verduebelen.

Här President, ech wollt dat nach eng Kéier vun eiser Säit kloerstellen. Datt mir géint dee Budget stëmmen, dat brauch ech net nach eng Kéier ze ernimmen. Den Här Finanzminister huet virdru gesot

dat wär üblech iwwerall an de parlamentareschen Demokratien, datt d'Oppositioun géif géint de Budget stëmmen. Ech mengen, et ass och an de parlamentareschen Demokratien üblech, datt d'Majoritéit dofir stëmmt, och wa se wéi dës Kéier e schlecht Gewëssen derbäi huet.

(*Brouhaha général*)

■ **M. le Président**.- Den Här Bausch kritt nach d'Wuert.

■ **M. François Bausch** (*DÉ GRÈNG*).- Här President, ech hu mer natierlech net erwaart, datt ech vum Budgetminister hei eng Äntwert krit, oder loosse mer soe konkret Zuele krit op dat, wat ech virgëschter während mindestens 20 Minutten hei virgeluecht hu vun Zuelematerial par rapport zum Tanktourismus an och wéi mir op alle Fall d'Zukunft vum Tanktourismus an och vun där Recette do fir de Statsbudget gesinn. Ech hu mer et net anescht erswaart, well ech och ganz genau weess, datt natierlech de Budgetminister ganz schlecht Kaarten a keen een Joker am Grapp méi huet, fir op déi Zuelen ze äntwerten, déi ech hei genannt hunn.

Ech mengen awer, Här President, datt et dee falsche Wee ass, deen de Budgetminister hei aschleift, respektiv anscheinend och déi do Regierung, fir ze mengen et kënnt een angesichts dem Problem, deen do op eis zoukënn, de Kapp an de Sand stiechen an einfach weiderfuere wéi wann näischt wär, an dann enger, ech wëll emol net soen, nächster Generatioun, well hei geet et entre-temps guer net méi eleng ëm eng Generationefro, mä et geet hei och ëm eng Fro, déi wahrscheinlech d'nächst Regierung betrëfft, vläicht da Regierungen, wou deen heicht Budgetminister net méi Budgetminister ass, mä de Problem nach ëmmer awer do ass.

(*Interruption*)

Ech muss soen, Här President, ech sinn eigentlech immens enttäuscht iwwert déi Äntwerten, déi ech haut de Mëtteg awer hei kritt hunn, a wou mer och beleeden, datt eigentlech de Minister sech där Envergure net bewosst ass, déi dat beedeit par rapport zu engem wichtigen Deel vun de Recetten am Moment vum Statsbudget. Ech weess net, datt wann ähnlech bedrolech Wolleke géingen op eng aner Recette zoukommen, zum Beispill op d'Kierperschaftsteier am Zesummenhang zum Beispill mat der Finanzplaz, ob dann de Finanzminister genauou liichtfankeg géing doriwwer ewechgoen, wéi en dat hei amgaangen ass ze maachen. Ech mengen, well en natierlech den Dossier Finanzplaz och aus senger fréierer beruflecher Zäit e bësse besser kennt an do d'Envergure och besser kann aschätze wéi vläicht deen elo am Beräich vum Tanktourismus am Zesummenhang mam Kyoto-Protokoll an der Klimaproblematik zum Beispill insgesamt, dofir mengen ech, datt dat de Grond ass, firwat dat en do méi um Qui-vive wär an hei manner.

Mä dat ännert awer näischt drun, datt d'Problematik dramatesch ass an datt eigentlech mëttelfristeg gesinn déi Recette do aus villfältigste Grënn - ech hunn eng ganz Rei do opgezielt, virun zwee Deeg hei - souwisou dem Stat wäert verluer goen, an datt wann een donc net haut doriwwer ufänkt nozedenke wéi een en Zeenario entwéckelt kritt, fir mëttelfristeg aus där Ofhängegkeet do erauszekommen, Dir Dammen an Dir Hären, dann erleide mer Schëffbroch mëttelfristeg duerch déi dote Fro. Da gëtt et eng Casse op anere Posten am Statsbudget an iwwerhaupt an der Gesellschaft zu Lëtzebuerg, déi da ganz, ganz wéi wäert dinn an och ganz schwéier wäert ze léise si vun där Generatioun vu Politiker, déi dann dee Moment grad d'Majoritéit heibannen am Parlament hunn, respektiv an der Regierung sinn an d'Geschécker vum Land musse leeden.

Mir hunn als Gréng schonn Enn der 90er Joren e puermol verlaangt, datt ee sech soll weinstens d'Méi gi fir eng Etüd an Optrag ze ginn, déi emol eng Kéier genau géing eng Géigeniwwerstellung maachen, engersäits vun de Recettë mat anerersäits all de Käschtepunkten, déi et gëtt. Déi Chifferen, déi hei genannt gi si vun deene probable Recetten, well och de Minister selwer weess net am Detail wéi d'Realitéit ausgesäit, déi kënnt een iwwert esou eng Etüd opgeschlësselt kréien. Mir hu scho weinst vill méi Bagatellen Etüden an Optrag ginn an deene leschten zéng Joer an dësem Land. Mir bedauern et, datt de Wëllen emol net besteet fir iwwerhaupt iwwert deen Thema ze diskutéieren, respektiv zum Beispill esou eng Etüd an Optrag ze ginn.

'97, mengen ech war et, hat de Camille Gira seng Motioun eraginn, déi ass deemools an d'Kommissioun verwise ginn an dunn ass se do iergendwou endgelagert ginn an et ass ni zu enger richteger Beschlussfaassung komm. Mir mengen duerfir nach ëmmer, datt et noutwendeg wär op dee Wee ze goen. Et ass awer vermessen, muss ech awer soen, fir hei op d'Pult ze kommen als Budgetminister a vun enger parlamentarescher Oppositioun ze verlaangen, datt déi elo soll hei den Ausstiegszenario beschreiwen an am Detail duerleeën.

Mir si bereet dat ze maachen, sous condition datt Der eis déi ganz Steierverwaltung, de Finanzministère an all déi öffentlech Instanzen, déi zoustänneg si fir déi dote Beräicher, zur Verfügung stellt fir déi Berechnungen all maachen ze loosse, respektiv datt Der eis Kreditter gitt fir déi zousätzlech Etüden, déi mer heizou brauchen, fir datt mer déi kënnen an Optrag ginn. Dee Moment si mir bereet déi Responsabilitéit ze iwwerhuelen, mä wann ech gelift, Här Minister, Dir hutt d'Responsabilitéit kritt den 13. Juni 2004 an net d'Oppositioun...

(*Interruptions*)

Neen, Dir iwwerhuet Är Responsabilitéit guer net an dësem Dossier. Dir kuckt driwwer ewech. Dir kuckt einfach driwwer ewech. Dat maacht Dir! An ech mengen duerfir datt et net geet, datt Dir hei op d'Tribün kommt a wann Dir keng Äntwerten hutt op schwéierwiegend Problemer, déi op eist Land zoukommen, datt Dir dann einfach sot: Ma d'Oppositioun oder soss iergendeen hei am Parlament soll d'Aarbecht fir d'Regierung maachen. Dir sidd gewielt gi vun de Wieler, fir Är Responsabilitéit ze iwwerhuelen, dann iwwerhuet se wann ech gelift och an dësem Dossier.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien.

■ **M. le Président**.- Den Här Minister Frieden kritt d'Wuert nach eng Kéier.

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, et ass ganz kloer, datt mir eis Responsabilitéit iwwerhuelen. Ech hunn duerfir gesot, am Numm vun der Regierung iwwerhuele mir d'Responsabilitéit vun dësem Budget. Mir si gewielt ginn, a mir hu just gesot, datt wann een hei seet, déi Politik, déi mir géinge maachen, wier falsch, wéi Dir dat gesot hutt - „Dir gitt an déi falsch Richtung“ -, da soe mir a soen ech lech: Dat, wat Dir proposéiert, ass irresponsabel. Da beweist vläicht wéi Dir et da géingt maache fir all déi Ausgaben ze tätegen an op esou Recetten ze verzichten. Dat ass en Débat, wou Dir d'Beweisflucht hutt an net mir. Mir sinn der Meenung, datt dës Politik, déi mir maachen, am Intérêt vun der sozialer Politik an der Investitiounspolitik vum Land ass.

An duerfir ass et net un eis déi Berechnung ze maachen, mä un deenen, déi mengen, mir géingen déi falsch Politik maachen. Mir hunn dat och virun de Wahle gesot. Mir hu vum Wieler e Mandat kritt fir mat



dëser Politik responsabel virunze-fueren, an dat wëlle mer maachen. Dëse Budget ass de beschte Beweis dofir. An duerfir wollt ech nach eng Kéier deene Merci soen, déi dës Politik ënnerstëtzen.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass elo definitiv ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Budgetsprojert fir d'nächst Joer. Den Text steet am Document parlementaire 5353<sup>4</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5353 ass ugehall mat 38 Jo- an 22 Neen-Stëmmen.

*Ont voté oui:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri).

*Ont voté non:* MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zu de Motiounen an zu enger Resolutioun, déi am Zesummenhank mam Budget déposéiert gi sinn.

#### **Résolution 1**

Fir d'éischt géife mer d'Resolutioun Nummer 1 vum Här Claude Meisch iwwert d'Schafung vun enger Sous-commission fir de fiskale Votet innerhalb vun der Finanzkommissioun ofstëmmen. Wëll nach een dozou d'Wuert ergräifen? Wann dat net de Fall ass, da froen ech: Vote électronique oder par main levée? - De Vote électronique ass gefrot.

#### **Vote**

Déi fir d'Resolutioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Resolutioun 1 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmme bei 22 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui:* MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre

Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

*Ont voté non:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

#### **Motion 1**

Da komme mer zur Motioun Nummer 1, déi och vum honorabelen Här Meisch déposéiert ginn ass iwwert d'Promotioun vum europäesche Gedanke bei der Jugend. Wëllt dozou een nach d'Wuert ergräifen? Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Geet et ëm d'Motioun Nummer 1, Här President?

**M. le Président.**- Jo!

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- D'Regierung ass grondsätzlech mat all Aktiounen, déi gemaach ginn en faveur vun Europa, d'accord. D'Regierung deelt och déi Aussoen, déi vum Spriecher vun der Demokratescher Partei gemaach gi sinn - déi generell Observatiounen iwwer Europa. Ech mengen, do ass keng Dissenz tëschent der Regierung an deem, wat à propos Europa gesot ginn ass. Par contre menge mer, dass fir elo niewent all deenen Aarbechten, déi de Stat huet an deenen nächste Méint, och nach Fester iwwer Europa ze organiséieren, dass dat net onbedéngt dat ass, wat mer elo brauchen. Mir brauchen en Débat iwwer europäesch Sujeten, besonnesch en vue vum Referendum iwwert d'europäesch Verfassung, mä mir mengen, dass mer weder Zäit nach d'Suen hu fir elo Fester iwwer Europa ze organiséieren. An de Schoule kann doriwwer diskutéiert ginn. Dofir brauche mer och keng Motioun.

Iwwregens seet d'Educationsministerin mer, dass e Concours a Schoule besteet, oder sou een elo gemaach gëtt iwwer Europa. Do lafen also eng Rei Aktiounen. Ech mengen, dat si positiv Aktiounen. Iwwer Europa muss geschwat ginn - heibannen, dobaussen, an de Schoulen. Mä mir mengen, dass dat net am Kader muss si vu gréissere Festivitéiten an duerfir kann d'Regierung mat der Zilsetzung vun der Motioun liewen, mä mengt, dass dat hei net dat richtegt Instrument wier, an duerfir biet d'Regierung d'Chamber dës Motioun net unzehuelen.

**M. le Président.**- Ass de Vote électronique verlaangt?

#### **(Négation)**

Mir maachen e Vote par main levée.

Wien ass mat där Motioun averstanen? Wien ass dergéint?

Ech mengen, d'Resultat ass eendeiteg. D'Motioun 1 vum Här Meisch ass domadder ofgelehnt.

Da komme mer un déi zweet Motioun vum Här Meisch iwwert de Fonds pour l'emploi. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

#### **Motion 2**

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, an där Motioun, esou wéi den

Här Meisch dat och exposéiert hat, gëtt en Audit vum Fonds pour l'emploi gefrot. Mir mengen, dass dat géing double emploi maache mat enger Rei vu Moossnamen, déi d'Regierung an insbesondere den Aarbechtsminister amgaange sinn ze maachen.

D'Regierung mécht zwou verschidde Saachen. Engersäits eng Evaluatioun vun all deenen eenzelne Moossnamen, déi vum Fonds pour l'emploi finanziert ginn. Do gëtt eng extern Analys gemaach. Wann ech richteg informéiert sinn, ass do d'Ausschreiwung, wien dat soll maachen, amgaangen. Dofir, dass ass also eng Zort Audit, dass kann een Audit nennen, mä dass ass awer eng Analys vun deenen eenzelne Moossnamen, déi do bestinn, fir ze kucken, ob se alleguerten efficace sinn oder net an ob ee se ka reorientéieren.

An dass Zweet, dass ass dass de Fonctionnement vun der ADEM amgaangen ass iwwerpréift ze ginn, notamment zesumme mat internationalen Organismen. An duerfir menge mer, dass dat double emploi wier, an och duerfir biede mer do d'Chamber dës Motioun net unzehuelen.

**M. le Président.**- Kënne mer par main levée ofstëmmen?

#### **(Négation)**

De Vote électronique ass gefrot.

#### **Vote**

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 2 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmme bei 22 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui:* MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

*Ont voté non:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri).

#### **Motion 3**

Dann d'Motioun Nummer 3, ebenfalls vun dem honorabelen Här Claude Meisch, iwwert d'Upassung vum Steuerbarème un d'Inflatioun. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Dës Regierung, Här President, mécht et do wéi déi Regierung virdrun. Mir passe periodesch un, mä an dësem Moment maache mer dat net.

**M. le Président.**- Maache mer e Vote par main levée?

#### **(Négation)**

De Vote électronique ass verlaangt.

#### **Vote**

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 3 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmme bei 22 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui:* MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

*Ont voté non:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

#### **Motion 4**

Dann d'Motioun 4, ebenfalls vum Här Claude Meisch, iwwert d'Steierpolitik. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, an där Motioun gëtt gebieden, dass d'Regierung e Groupe d'analyse fiscale am Finanzministère op d'Been setzt. Duerfir brauche mer am Fong keng Motioun, well, wéi d'Motioun et selwer seet, steet dass an der Regierungserklärung. Ech mengen net, dass et gutt wier, dass mer elo fir all Kapitel vun der Regierungserklärung a fir all Abschnitt aus der Regierungserklärung eng Motioun kréien, esou sympathesch dass och ass, wann d'Oppositioun dass ënnerstëtzt, fir déi. D'Regierung mécht dee Groupe d'analyse fiscale. Ech wëll awer derbäi soen, dass dat betrëfft och dës Motioun, dass mir an deem Grupp net esouwäit gi wéi dass wat hei gefrot ginn ass. Dee Grupp, an dass gesäit een och vu senger Kompositioun hier, esou wéi en an der Regierungserklärung festgesat ginn ass, soll zum Zil hunn, ze kucken d'Konkurrenzfähigkeit vun eise Betriber am Beräich vun de Steiere par rapport zu deenen anere Länner. Dofir sinn och an deem Grupp Verdrieder vum Secteur privé, wéi dass hei drasteet. An dofir maache mer dee Grupp, esou wéi et an der Regierungserklärung steet an dofir brauche mer, mengen ech, vun dësem Haus keng Motioun.

Et ass awer selbstverständlech, dass wann dee Groupe de travail emol méi wäit ass, deen awer sécher eréischt richteg wäert ukommen no der Présidence, dass deen dann och mat senger Iwwerleeungen oder Resultater gären an d'Finanzkommissioun kënnt.

Ech huelen Akt dovun, dass Dir déi Résolutioun net ugehall hutt fir e

Sous-groupe ze maachen an der Finanzkommissioun, mä ech mengen d'Finanzkommissioun als Ganz bekëmmert sech ëm d'Steierpolitik an d'Regierung ass gäre bereet an déi Kommissioun ze kommen, fir ze soe wéi eng Iwwerleeunge mer am Steuerberäich bei de Betriber maachen.

Merci.

**M. le Président.**- Wann ech lech richteg verstanen hunn, Här Minister, da mengt Der d'Motioun wier superfétatoire? D'accord. Dass stëmme mer driwwer of.

**M. Claude Meisch (DP).**- Mä den Här Minister huet jo selwer gesot, dass an dëser Proposition vun der Motioun et méi wäit géing goe wéi dass wat d'Regierung an hirer Regierungserklärung proposéiert hat. Also gesi mer net an, dass se superfétatoire ass, also wëlle mer e Vote an an deem Fall och e Vote électronique, wann ech gelift.

**M. le Président.**- Très bien. De Vote électronique ass gefrot.

#### **Vote**

Déi fi d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 4 ass mat 38 Nee-Stëmme géint 22 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

*Ont voté oui:* MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

*Ont voté non:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

#### **Motion 5**

Da komme mer zu der leschter Motioun, déi den honorabelen Här Meisch abruecht huet. Et ass d'Motioun 5 iwwert d'Finanzplaz.

Här Minister Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, an där Motioun gëtt am Fong déi Politik, déi mer an deene leschte Jore gemaach hunn, approuvéiert an ënnerstëtzt fir weiderzefueren. Als dee fir d'Finanzplaz zoustänneg Minister begreissen ech dass an dofir kënnt ech am Fong am Numm vun der Regierung mat där Motioun d'accord sinn.

Wat deen éischten Tret vum Dispositif ubelaangt, fir dass d'Statsverwaltungen nach méi Moyaenë solle kréie fir d'Dossieren ze tritéieren, muss ech allerdéngs soen, dass dass eppes ass wat am Fong fir all Statsverwaltung gëllt a mer hei permanent Motioune kréien, dass mer nach méi Leit astelle sollen an dann zugläich awer gesot kréien,



bei den Dépenses courantes vum Stat solle mer spueren.

Dofir, ech si mat dëser Motioun aus Regierungssäit d'accord, wann d'Chamber déi wëllt stëmmen. Ech gesi just net wéi mer massiv de Statsapparat nach weider ausbauen aus deene generelle Considérations iwwert d'Dépenses courantes vum Stat. Mir hunn notament d'Autorité de surveillance vum Secteur financier an deene leschte Joren ausgebaut an dofir kënnen déi an engem internationale Verglach excellent d'Iwwerwachung vum der Finanzplaz maachen. Mä mat där Nuance sinn ech vu Regierungssäit mat dëser Motioun d'accord.

**M. le Président.**- Opgrond vum der Zoustëmmung vum der Regierung géif ech denken, datt mer könnte par main levée ofstëmmen.

**Vote**

Wien ass d'accord mat där Motioun?

Ech gesinn, datt eng grouss Unanimitéit do ass.

D'Motioun 5 ass domat also ugeholl.

**Motion 6**

Da komme mer zur Motioun 6 vum Här François Bausch iwwert d'Besteuerung vum de Benefisser bei de Kapitalgesellschaften an d'Vermögenssteuer. Déi Motioun ass, schéngt et, net bei der Regierung ukomm. Da gi mer der Regierung d'Méiglechkeet fir dat ee Moment ze präiwen.

Voilà, d'Regierung ass prett.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Zum Inhalt vum där Motioun hunn ech a menger Budgetried Stellung geholl. Ech mengen, all déi Reflexiounen, déi gemaach gi sinn, sinn utile. Déi sollen den Débat alimentéieren. Dat huet och de Rapporteur selwer gesot.

Wat déi eenzel Steierkategorien ubelaangt, hunn ech gesot, datt d'Regierung un den Orientatiounen an un den Décisiounen vum der Regierungserklärung an um Accord de coalition festhält, esou wéi e publizéiert ginn ass, an dofir mengen ech hält ech zu dëser Motioun, zu deem Sujet schonn am Kader vum den Debatten, ier ech d'Motioun iwwerhaupt konnt kennen, Stellung geholl. D'Regierung hält also un deem fest wat an der Regierungserklärung steet.

**M. le Président.**- Den Här François Bausch.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Här President, et freet mech, datt d'Regierung un där Positioun festhält. Et huet mech och gefreet d'Ausoe vum de Vetrierder vun der LSAP ze héieren, déi net nëmmen deementspriedend hei un deem Regierungssaccord festhält, mä och u Saachen, déi se schonn emol fréier gesot huet.

Donc mengen ech datt et dofir losgesch misst sinn, datt mer um Ufank vun dëser Legislaturperiod de Biergerinnen a Bierger an dësem Land genau soe wouhin datt d'Richtung soll goen an net goen am Beräich vun der Steierpolitik zu Lëtzebuerg, an ech mengen, datt wa mer déi Motioun als Parlament haut hei stëmmen, dann ass dat ee fir allemol kloer. Dann ass kee Mëssverständnis an Zukunft méi méiglech.

Da weess jiddereen an dësem Land a wéi eng Richtung datt dës Regierung, respektiv dëst Parlament an deenen nächste Joren d'Steierpolitik wëllt matdroen a matgesinn, an dofir mengen ech datt et wichteg ass, datt dës Motioun eng grouss Majoritéit fënn bei deenen, déi natierlech mat deene Saachen d'accord sinn.

Ech weess, datt d'Demokratesch Partei hei ëmmer aner Virstellungen hat, mä zumindest fir de Rescht géing ech dovunner aus-

goen, datt dës Motioun eng breet Zoustëmmung an dësem Parlament misst fannen.

**M. le Président.**- Den honorablen Här Fayot huet d'Wuert gefrot an duerno den Här Grethen.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech hunn a menger Budgetried vun de Steiere geschwat an ech hu selbstverständlech och do gesot, datt mer Reserven hätten zu de Propositionen vum Rapporteur an datt mer éischter op der Linn si vun deem wat de Minister hei gesot huet, fir bei der Betriebssteuer net op 19% erofzegoen. Dat heescht ebe bei deem Taux ze bleiwen, respektiv wéi et gesot ginn ass, wann een e bësse wëllt erofgoe bei der IMC, ass dat natierlech méiglech. Dat ass dat eent.

Dat anert hu mer am Regierungsprogramm ganz kloer gesot, datt mer fir Résidenten eng Retenue libératoire vun 10% op Revenus du capital wëllten aféieren, zesumme mat der Ofschafung vum Impôt sur la fortune fir Résidenten. Doraus ass da vum Här Budgetsrapporteur ofgeleet ginn, datt ee kënnt eng Nisch cibléiere vu gréissere Kapitalbesëtzer an deene Méiglechkeete ginn, fir op Lëtzebuerg sech ze installéieren, mat enger Partie Faveure wat de Permis de séjour ugeet, wat den Environnement légal ugeet.

Ech hunn a menger Ried ganz kloer gesot, datt mir net bereet si fir op dee Wee ze goen, datt mer der Meenung sinn, datt een dat wat am Regierungsprogramm steet soll maachen, well dat jo och Résidenten, dat heescht Leit déi hei wunnen, concernéiert. Datt mir och der Meenung sinn, datt een den Impôt sur la fortune fir Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, déi dann eben entlaascht gi vun där Steuer, déi Spuerer, déi et hei gëtt. Datt ass dat wat mir matgedroen hunn a mir hunn net matgedroe wat de Rapporteur proposéiert huet, fir eben op de Wee vun engem, ech hunn dat genannt e "Lëtzebuerger Monaco" ze goen.

Ech hunn och net d'Impressioun wéi wann d'Regierung dat wëlles hätt an, an deenen zwee Punkten do si mer ganz kloer op der Linn vun der Regierung. Or, ech hunn eigentlech kee Problem mat dëser Motioun. Ech weess elo net ob een d'Regierung misst eigentlech nach extra invitéiere fir eppes ze maachen, wat se souwisou hei gesot huet. Bon, et kann ee soen, cela va de soi. Mä eventuell, cela va mieux en le disant. Mä ech hu verstanen aus deem wat den Här Budgetminister hei gesot huet, datt dat d'Positioun vun der Regierung ass, esou wéi ech se och hei a menger Ried gesot hunn.

**M. le Président.**- Den honorablen Här Henri Grethen hat d'Wuert nach gefrot.

**M. Henri Grethen (DP).**- Här President, déi Propositionen, déi de Budgetsrapporteur a sengem eegenen Numm gemaach huet, si jo zum Deel ganz sympathesch a fannen och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun. Wat d'Kierperschaftssteuer ugeet, wou déi „flat rate“ vun ënner 20% proposéiert gëtt, si mer liicht anerer Meenung, well mer mengen, datt ee soll an engem subtile Spill tëschent Assiette an Taux sech bewegen an datt dat am Intérêt vun der Attraktivitéit vum Land wier. Dofir kënne mer mat deem Volet vu senger Proposition net d'accord sinn. Mir si selbstverständlech, an dat stoung an eiem Wahlprogramm och, do wäert jo keen iwwerrascht sinn driwwer, well mir sinn och no de Wahlen zu deem, wat mir dem Wierler virun de Wahle versprach hunn, dass mir der Meenung sinn...

**(Interruption)**

Oh, Här President, et ass jo net esou evident fir jiddereen.

**(Interruptions)**

Jo, mä hei ass eis Proposition an déi huet de Budgetsrapporteur a seng Partei och opgegraff, dat ass déi fir den Impôt sur la fortune fir d'Personnes physiques, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, ofzeschaffen. Dat ass eng Proposition, déi mer deelen. D'selwecht wéi mer der Meenung sinn, dass een eng Retenue à la source libératoire fir d'Résidentë vun 10% soll aféieren, concomitamment mat der Aféierung vun der Quellesteier op europäeschem Plang. Mir sinn also net där Meenung, an de François Bausch huet dat scho relevéiert, well e sech dat am vorseilenden Gehorsam schonn esou geduecht huet, dass mir net kënnen zu dëser Motioun eis Zoustëmmung ginn.

**M. le Président.**- Très bien, dat ass kloer. Den Här Michel Wolter kritt d'Wuert.

**M. Michel Wolter (CSV).**- Här President, an där Motioun vun deene Grénge gëtt den Amalgam gemaach tëschent Saachen, déi de Budgetsrapporteur gesot huet, a Saachen, déi en net gesot huet. Dovu muss een emol ausgoen, esou dass den Dispositif, deen do pauschal seet: «à ne pas suivre les recommandations du rapporteur», schonn net dat reflétéiert, wat virun an de Considérantë gesot ginn ass.

Ech wëll soen, dass mir fir eis Fraktioun zu deem stinn, wat den Här Fayot och gesot huet virdru wou si dozou stinn, mir stinn zum Regierungsprogramm, deen um Niveau vun de Steieren eng moderat Adaptatioun vun der Steuerlandschaft en fonction vum de Besoinen, déi eis Wirtschaft erlaben, soll maachen an déi um Niveau vun dem Impôt sur la fortune d'Ofschaffen op den 1. Januar 2006 respektiv zum Deel schonn op den 1. Juli vun 2005 kënnt. Soss Considérations, déi dobäigefügt gi si vun deem engen oder vun deem aneren, déi loosse mer op der Säit.

Wat eis bënnt a wat eis engagéiert, dat ass de Regierungsprogramm. Duerfir géif ech bieden, dass mir déi Motioun hei, déi den Amalgam tëschent ganz villem mécht, net géifen unhuelen.

**M. le Président.**- Jo!

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Ech muss awer soen, Här President, et ka jo awer net sinn, dass ech elo gesot kréien hei wär en Amalgam vu Saache gemaach ginn, ouni datt ee mer muss soen, wat dat dann ass. Da weess ech awer gäre prezis vum Här Fraktionspräsident vun der CSV wat dat ass, well ech wär och bereet hei ganz villes nach ze sträichen. Dat Wichtegst ass fir mech, dat soen ech lech ganz daitlech hei, dee leschten Tired, den «invite le Gouvernement». Ech si bereet dee ganze Considérant ze sträichen, fir deen ze stëmmen.

**M. le Président.**- Jo.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- An da si mer wierklech reng um Regierungsprogramm, anscheinend vun der CSV an der LSAP. Duerfir wéisst ech gär...

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Da gëtt se hifälleg.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Neen, da gëtt se guer net hifälleg.

**M. le Président.**- Ech mengen, Dir leit do op enger Linn mat der Regierung.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Déi éischt zwee Tireten, Här Bodry, et deet mer Leed, plus wou dat opgezielt gëtt, plus de Schluss, an dann huet d'Chamber kloer Faarf bekannt.

An et gëtt jo ëmmer vill gesot, Här President, och vun de Vetrierder vun der Majoritéit, an der Steierpolitik, wat jo och richtig ass, do géing ganz vill Psychologie matspillen, dat heescht, do géing ganz vill matspillen, wat fir eng Signaler een aussent als Politik un d'Acteuren an der Economie, fir datt déi richtig Saachen och drënner verstan ginn. A mir sinn um Ufank vun enger Legislaturperiod, an hei geet et net ëm iergendeppes bei där heite Fro, hei geet et ëm eng zentral Fro fir d'Finanzpolitik vun deenen nächste fënnf Joer, a wann dëst Parlament der Meenung ass an enger Majoritéit, datt se net wëllt op deen dote Wee goen, da fannen ech, da soll se dat och no baussen zum Ausdrock bréngen.

**(Interruption)**

Neen, och mat engem Vote, Här Fayot, zum Ausdrock bréngen. Duerfir sinn ech der Meenung, ech wéisst gär wat dann déi Tired wäeren, déi sollen erausgestrach ginn, déi Considéranten, wou deen Amalgam soll dra sinn, wéi den Här Wolter et sot.

**M. le Président.**- Här Bausch, mir si jo net hei an enger Froestonn. Ech mengen, déi eenzel...

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Ech dierf awer nach ëmmer Froen opwerfen!

**M. le Président.**- Selbstverständlech, Dir hutt Är Froen opgeworf. Déi eenzel Fraktiounen hunn elo Stellung geholl, elo wëllt de Rapporteur selwer nach hei d'Wuert ergäifen, an dann denken ech gi mer zum Vote iwwer, well d'Positiounen kloer sinn.

**M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.**- Jo, Här President, ech mengen den Här Bausch huet mä Rapport schlecht gelies. Éisch-

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Oh, dann huet den Här Fayot en awer och schlecht gelies.

**M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.**- Majo, da lauschtert emol, Här Bausch.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- An den Här Frieden och.

**M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.**- Éischters hunn ech a mengem Rapport...

**M. le Président.**- Loosst elo mol den Här Mosar schwätzen.

**M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.**- Éischters hunn ech a mengem Rapport effektiv eng Baisse proposéiert, awer ech hu gläichzäiteg gesot, Här Bausch, datt een d'Assiette soll méi grouss maachen an datt ee soll iwwer eng Rei vun Abattements fueren. Dat heescht, wat Dir hei schreift, dat ass formell falsch, dat hunn ech esou weder a mengem schrëftlechen nach a mengem mëndlechen Rapport gesot.

Zweetens hunn ech net als Rapporteur déi Abolitioun vum Impôt sur la fortune erabruucht. Dat ass eng Mesure, déi am Regierungsprogramm steet, déi ass also net a mengem Gaart gewuess. Ech hu se just a mengem Rapport begréisst, an ech hu gesot, déi kënnt als Effet bénéfique och hunn, datt mer eng Rei vu grousser Fortune kéinten op Lëtzebuerg kréien, wat ech géif begréissen. Mä nach eng Kéier, dat wat Dir hei formell an Ärer Motioun schreift, dat ass net dat, wat ech a mengem Rapport geschriwwen hunn.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Jo, ech mengen...

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Här President, entschëllegt, just vläicht ganz kuerz ee Saz.

**M. le Président.**- Jo, ee Saz.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Ech mengen d'Pneue fänken un ze quietchen an et sténkt ganz staark no Gummi heibannen. Kommt mir stëmmen of.

**M. le Président.**- Très bien, also deen do Saz huet natierlech elo net vill zu der Opklärung vun der Problematik bäigedroen...

**(Hilarité)**

..., mä ech ginn awer dem Här Bausch vollkomme Recht, dass et elo Zäit gëtt, dass mer zur Ofstëmmung kommen. Ech denken déi eenzel Gruppen hu sech hir Meenung gemaach an ech denken och, dass de Vote électronique hei verlaangt ass.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).**- Selbstverständlech.

**M. le Président.**- Da fänke mer elo mam Vote un.

**Vote**

Déi dofir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

Dem Här Bausch seng Motioun 6 ass mat enger grousser Majoritéit vun 48 Nee-Stëmme bei 12 Jo-Stëmmen ofgelehnt ginn.

*Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner.*

**Motion 7**

Da komme mer zur Motioun 7 vum honorablen Här Jaerling iwwert d'Analys vum de Steuerrecetten. Här Minister Frieden, Dir hutt d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, ech hu virdun an engem anere Kontext am Fong schonn déi nämlechte Remarque gemaach. Ech menge mir kënnen net fir all Statsverwaltung hei eng Motioun maachen, datt déi soll méi Leit kréien. Ech kënnt lech der zéng, 20 opzielen, y compris am Beräich wou ech déi direkt Responsabilitéit hunn. Wann ech déi aner Kap zum Beispill als Justizminister opdinn, da stëmmen mer och haut nach eng Motioun, fir datt de Prisong méi Leit kritt, datt den Enseignement méi Leit kritt, datt d'Gerichter méi Leit kréien, datt de Finanzministère méi Leit kritt; d'Kollegen hei brauchen dat och allegueren. Duerfir, mengen ech, bréngt et net vill, datt mir, en dehors vun enger genereller Diskussioun iwwert déi eenzel Verwaltungen, elo bei all Verwaltung eng separat Motioun stëmmen.



Ech wëll derbäi soen, datt, am Käder vun den Numerus-clausus-Diskussiounen vun deene leschte Joren, mir e pluriannuellé Programm haten an där viregter Regierung fir d'Steierverwaltung mat Leit ze dotéieren, an déi huet vill méi Leit iwwert d'lescht Joer kritt, datt dat nach net duerget an all eenzelne Servicer, respektiv ob net innerhalb vun der Verwaltung musse Restructuratiounen komme fir méi Leit vun enger Sektoun op eng aner ze setzen, fir mat deene bestehende Leit eng aner Aarbechtsopdeeling ze maachen; ech mengen déi Reflexiounen sinn amgaangen, déi sinn zum Deel ganz schwierig.

Mä ech géing d'Chamber bidden net eng Motioun ze stëmmen, déi just enger Verwaltung méi Leit gëtt, ouni all déi aner Reflexiounen iwwert d'Dépenses courantes vum Stat mat ze berücksichtegen.

**M. le Président.**- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Mir hunn déi Motioun hei erabruecht, Här President, well mer an der Finanzkommissioun, ech menge queesch duerch d'Bänken, awer e bëssen enttäuscht waren iwwert déi Dokumentatiounen, déi mer vun der Steierverwaltung do presentéiert kritt hunn. An ech géif och mengen, datt de Rapporteur a sengem Rapport - oder et ass am Rapport vun der Kommissioun, ech weess elo net méi wou - och dat libelléiert huet, datt mer am Fong praktesch keng Informatioun kritt hunn, déi mer vun anere Verwaltungen iwwerregens kritt hunn.

An hei menge mir net un éischter Stell, wa mer schreiwen „des moyens“, datt do misste Leit bäi kommen, mä mir sinn der Meinung, datt déi Verwaltung, wat d'Informatik ubelaangt, emol misst à même gesat ginn, fir datt se eis och déi néideg Donnéeën als Finanzkommissioun, als Parlament gëtt, déi mer brauchen, fir a voller Transparenz kënnen hei iwwerhaupt iwwert d'Steierpolitik ze diskutéieren.

Mir hunn zum Beispill eng Fro gestallt bei der Kierperschaftssteuer: Wat fir eng Betriber bezuele Kierperschaftssteuer a wat fir eng Secteure bezuele keng Kierperschaftssteuer? D'Steierverwaltung konnt eis dorobber keng Äntwert ginn. E puer Deeg duerno hu mer dann dunn e Relevé kritt, wéi vill Betriber datt géife Steiere bezuelen a wéi vill datt keng géife bezuelen. An dee Relevé war datéiert op 1998.

Ech mengen esou kann et jo awer net sinn, datt mer vun enger Verwaltung e Resultat kréie vun 1998, wou duerno och nach déi grouss Steuerreform war an haut am Fong keen heibanne weess, a wat fir enge Secteuren datt nach Kierperschaftssteuer bezuelt gëtt, jo oder neen.

Duerfir hätte mer gären, datt déi Verwaltung soll esou outilléiert ginn an der Informatik, fir datt se à même ass eis och dat ze liwwere wat mer brauchen, fir eng objektiv Diskussioun hei kënnen ze féieren.

**M. le Président.**- Wëllt d'Regierung nach eng Kéier dozou Stellung huelen, Här Minister?

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Jo, ech mengen, datt dat do schonn e bëssen eppes aneschtens war wéi dat wat ech ënnert der Motioun verstanen hat, well den Här Fraktiounsprésident vum ADR elo net méi schwätzt vu Leit, mä e schwätzt elo vun Informatik. An deem Kontext lafe ganz Programmer, a wann een duerfir géing schreiwen „invite le Gouvernement à continuer à doter les administrations fiscales (...) des moyens informatiques nécessaires (...)“, da kënnt d'Regierung domadder d'accord sinn, well dat ass d'Continuatioun vun deem wat mer an deene leschte Jore gemaach hunn.

**M. le Président.**- Ech mengen, domadder wier den Här Gibéryen d'accord an den Här Jaerling och, deen den Auteur vun der Motioun ass. Da géife mer déi an deem Sënn ëmänneren. Dann denken ech, dass mer och par main levée kéinten ofstëmmen.

#### Motion 7 modifiée

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la tendance à la régression des recettes générées par l'impôt sur le revenu des collectivités;*

*- considérant qu'une ventilation du produit de l'impôt sur le revenu des collectivités selon les secteurs d'activité ou la taille des entreprises concernées serait précieuse dans une appréciation approfondie de l'assise et des perspectives de cette recette fiscale;*

*- considérant que les administrations fiscales ne sont pas en mesure de fournir des informations détaillées sur la composition des recettes fiscales et surtout des ventilations détaillées du produit des principaux impôts directs;*

*- considérant que des prévisions fiscales fiables doivent être basées sur une information précise de la structure du produit fiscal actuel;*

*invite le Gouvernement à*

*- continuer à doter les administrations fiscales et notamment l'administration des contributions directes des moyens informatiques nécessaires à pouvoir assurer une analyse approfondie des recettes fiscales.*

*(s.) Aly Jaerling, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf, Robert Mehlen.*

#### Vote

Wien ass d'accord mat der ëmgeännerter Motioun?

Wien ass net d'accord mat der Motioun?

Wien enthält sech beim Vote?

Et gëtt eng grouss Unanimitéit fir dem Här Jaerling seng Motioun. D'Motioun 7 ass domadder ugeholl.

#### Motion 8

Da kéime mer zur Motioun 8, och vum honorabelen Här Jaerling, iwwert d'Bekämpfung vum Steuerdruck. Här Minister Frieden, Dir hutt d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, dat ass méi komplizéiert wéi eng Motioun ze schreiwen. E gemeinsame Service vun zwou Steierverwaltungen ze schafen, kann een net einfach esou duerch eng Motioun dekreteieren.

Am Regierungsprogramm stinn eng Rei Gebidder, wou d'Regierung wäert versichen inhaltlech verschidde Kompetenzen vun där enger an där anerer Finanzverwaltung beiënen ze bréngen, ouni déi zwou Verwaltungen ze enger eenzeger Verwaltung ze maachen. Duerfir, mengen ech, kann een an deem Moment des Motioun net einfach esou unhuelen, mä et ee muss studéieren, awéifern datt dëst iwwerhaupt mat bestehende Gesetzter, déi wäit iwwert des Matière erausginn, kompatibel ass.

Den Inhalt selwer vum Kampf géint d'Steierhannerzéiung, ech mengen, do ass keng Fraktioun a kee responsable Politiker dergéint, mä fir dat elo an engem Service commun vun zwou ganz verschiddene Verwaltungen ze maachen, ech mengen, datt dat ganz vill Schwierigkeete mat sech zitt. An do sinn déi zoustänneg Verwaltungen amgaangen ze kucken, awéifern se iwwerhaupt generell kënnen zesummeschaffen opgrond vun de Leitlinne vum Regierungsprogramm. Duerfir géing ech lech bidden, des Motioun net unzuhuelen.

**M. le Président.**- Den Här Gibéryen freet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, déi zwou Motiounen, déi de Kolleeg Aly Jaerling gëschter deponéiert huet, hat ech am Fong virgëschter schonn a menger Interventioun erkläert.

Ech hat och drop gesot, firwat datt mer déi dote Motioun gemaach hunn. Ech wëll drop hiweisen, datt den Direkter vun enger Verwaltung den 19. November an engem Lieserbrëif esouguer öffentlech hiigaangen ass an op dee Mëssstand do higewisen huet, wat eis dozou gefouert huet, fir eben déi Motioun ze maachen.

Ech wëll kuerz hei zitéieren, wat déi Persoun do schreift: „Ich behaupte ganz schlicht, dass die vorhergesehenen Einnahmen und die erzielten Resultate, und sollten sie auf den Cent übereinstimmen, auf einem falschen, zu niedrigen Niveau der möglichen Einnahmen angesetzt sind, in dem Sinne, dass noch enorme Beträge in einigen Steuerbereichen nicht erfasst werden. Weder bei der Contribution directe noch im Enregistrement bestehen schlagkräftige Abteilungen zur Steuerhinterziehungsbekämpfung. Das Projekt eines gemeinsamen Service antifraude ruht mangels politischem Interesse seit fünf Jahren in meiner Schublade.“

An da gëtt och gesot, datt hei zu Lëtzebuerg net manner Steuerhannerzéiung wier wéi an deenen anere Länner. Ech mengen, wa mer eis net wëllen dee Virwurf maache loosse, datt mer hei zu Lëtzebuerg géife Steuerhannerzéiung dulden, an am Sënn vun enger Steiergerechtegkeet, wou ee Bierger wéi deen anere behandelt gëtt, géif et eis gutt zu Gesiicht stoen, wa mer als Parlament an als Regierung och géifen dee Kampf géint d'Steierhannerzéiung ophuelen, an da brauche mer nun eben esou eng Abteilung an deene Verwaltungen oder eng fir déi zwou grouss Verwaltungen, mä et si jo méi wéi zwou Verwaltungen, déi Steieren anzéien, duerfir hu mer vun den Administratiounen geschwat.

Op jidde Fall menge mir datt et scho wichteg wär, datt esou eppes géing gemaach ginn a mir halen och duerfir drop, datt iwwert d'Motioun ofgestëmmt gëtt.

**M. le Président.**- Mir huelen Akt vun Ären Erklärungen, Här Gibéryen, esou wéi mir Akt geholl hu vun deem wat d'Regierung gesot huet, a mir kommen zum Vote. Ech denken, datt och hei de Vote électronique verlaangt ass.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Selbstverständlech.

**M. le Président.**- Da komme mer dozou.

#### Vote

Wien duerfir ass stëmmt mat Jo, wien dergéint ass mat Neen oder en enthält sech.

D'Motioun 8 vum Här Jaerling ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmme bei 21 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Ni-ki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmingier (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepf.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koul-*

*len, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro).*

Domadder wäre mer um Enn vun der Debatt iwwert de Statsbudget an iwwert d'Motiounen an d'Resolutioun dozou ukomm. Mir kommen elo nach zur Diskussioun vum Här François Bausch senger Resolutioun iwwert d'Asetze vun engem Zukunftskonvent zu Lëtzebuerg. An deem Zesummenhank diskutéiert d'Chamber ebenfalls d'Resolutioun, déi den honorabelen Här Michel Wolter abruecht huet, betreffend d'Asetze vun enger Spezialkommissioun fir d'Verwaltungsstruktur vum Land.

Den Auteur vun deenen zwou Resolutiounen sti jeeweils fénnef Minutten zou. Mir hunn de Moien decidéiert, dass mer déi Resolutiounen an enger gemeinsamer Diskussioun géifen evakuéieren. D'Fraktiounen hu jeeweils zéng Minutte fir déi zwou Resolutiounen an där enger Debatt, déi mer hunn. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Meisch a Fayot. D'Wuert huet elo den honorabelen Här François Bausch fir seng Resolutioun virzedroen an och gegebenfalls déi aner schonn ze kommentéieren.

### 5. Résolution de M. François Bausch relative à l'institution d'une convention sur l'avenir du Luxembourg

#### Résolution de M. Michel Wolter relative à l'institution d'une Commission spéciale chargée de mener un débat sur la structure administrative du pays

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG), auteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir haten d'Geleeënheet, ech géing scho bal soen elo fir d'x-te Kéier, ulässlech vun de Budgetsdebatten - a wann een déi lescht États de la Nation derbäi géng zielen, da kënnt een déi och nach als déi Debatt gesinn -, feststellen ze mussen, datt mer hei zu Lëtzebuerg eigentlech op enger Kräizung stinn, wou mer eis mussen eng ganz Rei Froe stellen iwwert déi zukünfteg Entwécklung vun deem Land.

Mir wëssen alleguerten, datt mer eng Rei strukturell Schwächen an deem Land hunn. Mir wëssen alleguerten, datt wat déi wirtschaftlech Entwécklung, de wirtschaftleche Wuesstem ubelaangt, mer mussen eis iwwerleeën a wéi eng Richtung mer wëlle wuessen, wat an deem Land weider wuesse soll an och dann deementspriedend ze kucken, wat fir eng Konsequenzen datt dat fir déi eenzel Bierger a Biergerinnen huet, wéi eng Konsequenzen et fir déi lokal a regional Strukturen, also fir d'Gemengen oder soss regional Strukturen huet a wéi eng Konsequenzen et fir de Stat am Allgemengen huet.

Déi Initiativ hei ass net déi éischt, déi geholl gëtt an deem Parlament fir déi dote Froe méi am Detail ze diskutéieren. Bekanntlech ass et jo esou, an der Politik do muss ee Gedold hunn, das ist das Bohren der dicken Bretter, wéi een op däitsch seet, an och wann et

beim éischten Ulaaf net ëmmer klappt, da klappt et vläicht beim zweeten oder drëtten. Ech hoffen, datt mer no dëser Debatt et fäerdeg bréngen, endlech déi enorm wichteg Zukunftsdiskussiounen do mat all hire Facetten an de politesche Raum ze bréngen.

Et ass esou, datt mer immens Froen eis musse stellen iwwert déi wirtschaftlech Entwécklung an och iwwert d'Roll dann deementspriedend, déi de Stat doranner huet, déi d'Regiounen an d'Gemengen doranner hunn, mä virun allem och wat dat fir Konsequenzen huet fir déi eenzel Entitéiten, jee nodeem fir wat fir ee Modell oder fir wat fir eng Richtung datt mer eis entscheeden.

Ee vun deene grouse Feeler, déi mer an den 80er an 90er Jore gemaach hunn, dat ass datt mer eis ausschliesslech ëm déi wirtschaftlech Entwécklung bekëmmert hunn a mat der Fro beschäftegt hunn, wéi wuesse mer am schnellsten, wéi vermehre mer eise Wuesstem am schnellsten, ouni eis awer mat de Konsequenzen, déi dat huet fir eist Land méi mëttel- a laangfristeg, ze beschäftegen. A mir musse feststellen, datt mer säit Enn der 90er Joren zumindest do gewëssermoossen amgaang sinn a verschiddene Beräicher an eng Sakgaass eranterennen, déi ganz geféierlech ka ginn, wa mer net ufänke méi planeresch virzegoen, fir déi zukünfteg Weiderentwécklung do ze decidéieren an och ze planegen.

#### (M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Deen zweete Punkt, dat ass natierlech deen, an deen hänkt ganz enk eben domat zesummen, dat ass: Mer wëssen alleguerten, datt mer hei am Land aus eegener Kraaft eraus, eleng kaum fäeg si fir iwwerhaupt nach ze wuessen. Mir sinn ugewisen op Immigration, mir sinn ugewisen op Hëllef vu Leit, déi vu bausse bei eis heihinner kommen, fir datt mer eis nach kënne weiderentwéckelen. Dat war an den 90er Joren esou an dat war den 80er Joren esou, an et ass iwwerhaupt an eiser Geschicht schonn ëmmer esou gewiescht an et wäert och an Zukunft esou bleiwen.

An och do stelle sech entre-temps awer eng ganz Rei Froe fir eist Zesummeliwwen hei am Land, Froen, déi natierlech all déi Entitéiten och erëm betreffen, vun de Gemengen iwwert d'Regiounen bis bei de Stat. Et stelle sech awer och Froen an deem Kontext iwwert d'Konsequenze wat dat alles heescht fir esou Beräicher wéi Logement, Schoulsystemer oder soss Infrastrukturen hei am Land, an dat ass och alles erëm enk verknäppt mat den Décisiounsstrukturen, mam Fonctionnement insgesamt vum Stat.

En drëtten Punkt ass natierlech deen: Sinn eis administrativ Strukturen um nationalen, um regionalen, um lokalen Niveau iwwerhaupt fäeg, esou wéi se haut ausgesinn, déi Entwécklung do weider nach efficace ze begleeden? Mir als Gréng mengen net. Mäi Frënd Camille Gira huet schonn oft hei betount, datt mer a verschiddene Beräicher nach ëmmer handelen hei am Land wéi wa mer am Postkutschenzäitalter wieren an och eis Struktur sinn zum Deel nach esou ausgerichtet.

Mä ech mengen, et kann een déi Froen, wéi d'Strukture sollen ausgesinn, wéi eng Réforme administrative mat deene Virdeeler, ëmmer nëmme gekoppelt diskutéiere mat deene Punkte virdrun, wann ee weess wou een eigentlech wëllt histeieren an ech mengen awer, datt et och héich Zäit gëtt fir déi Diskussioun do ze féieren, wéi déi Strukturen an Zukunft sollen gesinn op allen Niveauen.

Véiertens, Här President, mir hunn entre-temps an deem Land e Problem, deen dora besteet, datt well d'Land an den 90er Joren esou ra-